D'Staudten-Haus a Clausen; Stierfhaus vum Michel Rodange, mat der Tak an dem Medaillon vum Michel Rodange (Februar 2001)

Nationaldichter sech, egal wou, ni en eegenen Daach iwwer dem Kapp unzeschafe krut. Wat, duerch seng literaresch Leeschtung, ower net verhënnert, datt hien an eiser kultureller Landschaft eent vun de schéinste Gebaier stoen huet!

Am „Staudten-Haus", dat d'Gemeng (ënnert der Buergermeeschtesch Colette Flesch), ee Gléck! op d'Gewudders vun dem Syndicat an der Actioun-Lëtzebuergesch hin, an de 70er Joere kaaft huet, ass deen aarmen Däiwel vun „Nannetts Méchel" 1876 vill ze jonk un senger „Mo-Bousecht" gestuerwen. Um Säitegiewel, zur Bréck zou, huet de Schoulmeeschtesch-Verband dem Ex-Kolleg Méchel Rodange 1927 eng Plack, eng Zort Tak, umaache gelooss, déi bis haut zimlech verschotert a verschimmt esou ëm den Eck hänkt, datt keen si gesäit, deen näischt dovu weess. Deem misst, zesumme mam Clausener Syndicat a vrun allem eise frëndleche Leit vun der Gemeng, opgehollef ginn; mir brauchen äis dem Rodange senger jo mengerwärreg net ze schummen, a sollen déi Tak mam Fuuss esou wéi d'Datumsplack an de Medaillon op d'viischt Fassad hänken, esou, datt jiddferee sech ewell vun der Strooss aus kann a soll froen, wat da mat deem Haus „lass" ass. Eis Gemeng huet de Medaillon vum Rodange 1999 iwwer d'Dier gehaang; dëse bronze „Portri" ass e Wierk vum bekannten an dichtege „Garer" Medailleur Julien Lefèvre. Domat hunn d'Buergermeeschtesch Lydie Polfer an de Schäffe Pierre Frieden hiert Versprieche gehal, datt de Rodange an der Stad déiselwecht Éier krit! ewéi de Lentz an der Ënneschtgaass (Schintgen) an den Dicks um Knuedler (C&A). Fir d'Placken hunn de Schreiwer vun dësen Zeilen d'Originalen an d'Statsbeamten-CGFP d'Fonge gestallt. Datselwecht ass 1997 zu Wolz de Fall gewiescht, wou déi bronze Medaillon-Plack vum Rodange 1997 op dat Haus komm ass, an deem den Dichter gewunnt huet an säin Nationalepos, de REENERT, geschriwwen huet – haut de Café „REENERT" op der Lann – wou riichteriwwer iwwregens och e Rodange-Reenert-Monument geplangt ass … mol kucken.

Et ass, wéinstens bis haut, weider näischt bekannt, dat extra kënnt vum Rodange als „Clausener“ ernimmt ginn; wat soll dat och an deene knapps zwee Joer gewiescht sinn, wou hie jo och nach méintlaang krank war, also bestëmmt net vill Zäit an Iddi hat, fir Clausener Wuerzelen ze maachen. Mir wëssen ower duerch de Professer Nik. Welter (*1881), deen dem Dichter seng Kanner ganz gutt kannt huet, datt de Rodange e Frënd vum „Nationalkomponist“ Laurent Menager war; et wier dann also bestëmmt duerch de Menager, datt de Rodange fréi oder spéit a Clausen oder dem Pafendall am Veräinsliewen ze fanne gewiescht wier … et wier gewiescht … wann seng schappeg Gesondheet him kee Strapp duerch d'Liewen an zugudderlescht e Stréch drënner gemaach hätt. Säi Jong, den Albert Rodange (1858-1927), deen ë.a. als Ingénieur beim

Copie vum Stierfschäin vum Michel Rodange (cf. Text am Artikel)



N. 269

Im Jahre tausend achthundert sechs und siebenzig, den [illegible]
des Monats August um [illegible] Uhr [illegible] mittags ist vor Uns
Beamten des Civilstandes
der Gemeinde Luxemburg, im Kanton Luxemburg, Großher-
zogthum Luxemburg, erschienen Peter Deliger,
alt fünfzig Jahre, Eigenthümer,
wohnhaft zu Luxemburg
und Nicolas Funck, Ackerer, alt siebenundfünfzig Jahre,
beide unverwandt, wohnhaft zu Luxemburg

Diese haben Uns erklärt, daß Michel Rodange
alt neunundzwanzig Jahre, Civil-Conducteur des öffentlichen Bauten
geboren zu Waldbillig, wohnhaft zu Luxemburg,
Ehemann von Magdalena Leisen.

Sterbefälle.

verschieden ist [illegible] um [illegible] Uhr [illegible] mittags,
zu Luxemburg, in seiner Nr. [illegible] Clausen
und haben der [illegible] gegenwärtige Urkunde,
nachdem sie ihn vorgelesen worden, mit Uns unterschrieben.

Funck Dalbyng Lysen

 Cette page a été offerte par Hôtel Rest. ‚Les Jardins du Président' Luxembourg-Clausen

Stat d'Pläng vun der Neier Bréck entworf huet, an seng Duechteren Elise a Margréit (1856/1862-1945/1946), hunn dem Här Welter géint 1903/4 ganz bestëmmt esou munneches iwwer hire Papp verzielt, wéi dee jonke Professer, Schrëftsteller a spéidere Minister ëm 1905 seng „Dichter der luxemburgischen Mundart" geschriwwen huet. Dora liese mir dat hei (S.107/108):

Das „Lerchenlied (dem Léierchen säi Lidd)" sollte Rodanges Schwanengesang sein. Zu Anfang 1876 verschlimmerte sich sein Zustand aufs Neue und nun ging es unaufhaltsam dem verhängnisvollen Ende zu … Festen Geistes und ruhigen Tons gab er Kindern und Verwandten die letzten Weisungen, bestimmte den Liebfrauenfriedhof als den Ort, wo er begraben sein wollte, denn der Klausener Friedhof dünkte ihn unschön … Am letzten Morgen … besuchte ihn sein Freund Lorenz Menager, aber nicht, um, wie in „Ons Hémecht" irrtümlicherweise zu lesen steht, dem Dichter im Auftrag der Regierung das Ritterkreuz des Ordens der Eichenlaubkrone zu überbringen … Zwei Tage später bewegte sich den Klausener Berg hinan durch die Stadt, dem Liebfrauenkirchhof zu, ein gar einfacher Trauerzug. Ein wolkenbruchartiger Regen fegte das Pflaster. Dem Leichenwagen folgten zwei weinende Knaben (die Söhne Albert und Vitalis/d.A.), einige Verwandte, einige Freunde, einige Kollegen. Das war das Ehrengeleite, das Luxemburg seinem Nationaldichter Rodange auf der letzten Erdenreise gab.

Wéi gesot: Dat stëmmt ganz sécher, well de „Weltesch Néckel", wéi den Här Prof. Dr. Welter vu senge Frënn genannt guf, war ee vun de gudde Bekannte vun der Famill Rodange, deen iwwregens 1927 och gehollef huet, dem Nanetts Méchel vu Waldbëlleg säin 100. Gebuertsdag esou ze feieren, datt all „Gielchen" – dat den Dichter net kritt hat – an de Schiet gestallt ginn ass! Et fält engem och op, datt d'Madame Rodange an déi zwou Duechteren net „mat der Läich gaang sinn", en Ëmstand, dee ganz sécher mam Brauch vun deemools ze dinn huet.

Cette page a été offerte par Hôtel Rest. ‚Les Jardins du Président' Luxembourg-Clausen

De Rodange a säi REENERT an hirer Zäit

1872 ass vum Här „Kantonalpikär“ Rodange vu Wolz e Buch an eiser Sprooch erauskomm, dat deen onbekannten Dichter op den éischte Siess an d'éischt Rei vun deene rare Leit gestallt huet, déi eise sou genannte knubbelege Bauerendialekt a Versen a Strophe gesponn, getrëtzt a brodéiert hunn. Natierlech – an engem esou klenge Ländchen nach vill besser ze verstoen – war dat den „etabléierten“ Dichter net ganz geheier; an et ass och net bekannt, datt den Dicks oder de Lentz Notiz dovu geholl hätten, oder e Pipjeswiertchen iwwer deem verdréinte Schoulmeeschterchen säin Epos verluer hätten. Esou eppes ‚ignoréiert' een am beschten, gelldir … an do war jo och nach esou sëlleche Kritik géint d'Autoritéiten dran, an „d'Moral“ ass geschannt ginn; vu Patriotismus keng Spur; d'eegent Nascht guf begladdert ... et wier ower bal ze wetten, datt den Dicks an de Lentz, déi sech iwregens selwer aus de Féiss gaang sinn, bei deem butzege lëtzebuergesche Literaturbetrieb, de REENERT kannt hunn; och déi nei Qualitéit vun deer Aarbecht! Jalousie oder Angscht vrun deer neier Konkurrenz? Spréchwuert: „Wann een en Hond net ka brauchen, da seet een, hie wier rosen“… oder et seet ee glat näischt! Ob déi dräi sech elo kannt hunn, oder ausstoe konnten: Mir hunn si mateneen 1984 op d'sëlwer/bronzen Éiereplackett vun der Actioun-Lëtzebuergesch gesat …



Reenert

oder

de Fuuß am Frack an a Ma'usgrëßt.

Op en Reiß fotografséert

vun

(Eugem Lehebreger.)

Michel Rodange

aus Waldbillig

Lëtzebuerg.

Druck vum J. Joris.

1872.

Facsimile vun der Titelsäit / 1. Editioun vum „Reenert“, 1872; vum Michel Rodange anotéiert

Cette page a été offerte par Hôtel Rest. ‚Les Jardins du Président' Luxembourg-Clausen

de Michel Rodange esouguer, e bëssen express, an d'Mëtt!

Dem Rodange säi Fuusse-Buch ass op den éischte Coup a bis haut dat Dichtegst, wat an deem Genre Literatur op Lëtzebuergesch geschriwwe ginn ass. Dobäi hat hien déi genial Iddi, aus deer uraler Déieregeschicht vum falsche Fuuss e literareschen Zeien aus deer Zäit ze maachen, an deer eis Ur-Eltere gelieft, oder besser: sech duerch d'Liewe geplot a geschloen hunn.

— 8 —

Geklapp-sech-Gretsuch, Prödel!
Ma gitt e Bißche los,
Eich giw gér mat ech schwetzte,
Eat Reenert dn zum Hus.

Eich si ju nun Pestu'er
Om Kreeschnoop, der wess,
Ma t'fehlt mer an em Koster;
Die seid e gode Giest:

Wat denk ech? Giw dir wellen
Als Kosher bei mir stoun?
Eich giw ech d'Natte li'ren
A li'ren d'Oarjel schloun.

Den Hersche war zefrieden,
A fleich gung d'Ber on:
De Reenert solt he weisen,
Fir d'Maßgebied ze son.

Beim domons du dass dignus, Et gong dem Hasschoum nämlech,
Sutz Lampert do am Mouss, Eis hoppt dréckter am Mouss,
Du kreßt de Fuuß vum Beintel,
A mächt sech d'Doch es loos.

En heemt de Kéch zum Himmel E schmaust nach mee Sällerei
De Koster hänkt alt erëm:
Mir Fuuß mai dumnou dignus Ma ir wor sech emmer hei
Wor Goer d'Ham mam Kéch gefreß.

Hir Kinnek an dir Hären,
Eich gruuch ech net ze son:
Et hest dem neimen Hersche
Gewuß nei göddgedon.

A°

1 Säit vun den eegene „Verbesserunge" vum Michel Rodange fir eng eventuell 2. Editioun; Propriétaire vum Buch: Famill Jean Weber, Schoulmeeschter, Stroossen, Ur-Neveu vum M.R.; ofgedréckt aus N.2 vun «Eis Sprooch/1973 – ACTIOUN-LËTZEBUERGESCH

Wat fir eng Zäit?

Déi Zäit, wéi de Reenert geschriwwe ginn ass, also ronn vun 1866 bis 1872, ass op e sëlleche Manéieren eng vun de wichtegsten an der neier Geschicht vun eisem Land. „Eist Land", dat war net dem Vollek säint, well de Propriétaire ass de Kinnek Wëllem III. vun Holland gewiescht. Deem säi Grousspapp, de Wëllem I. vun Oranien-Nassau, hat 1815, um Wiener Kongress, de revolutiouns- an Napoleons-franséischen „Département des Forêts" praktesch als Schuedi an d'Jillistäsch kritt, wéi „si" dat monarchescht Europa frësch gebak hunn. Hie krut Lëtzebuerg, well d'Preussen, also d'Preisen, dem Oranier-Wëllem säi Lännerei-Gegrimmels am neie „Reich" gebotzt hunn, déi nach plazeweis an hire Puzzle fir dat méi spéit Keeserräich gepasst hunn.

Den Oranier konnt also no 1815 mat sengem Kéipche Lëtzebuerg theoretesch maache wat hie wollt; hien huet „äis“ och deemno als déi 18. Provënz vu sengen „Nederlande“ behandelt, wat ganz kloer géint den Text vun de Wiener Akte gaang ass. Mä de Willem I. hat eng aner Bomm un de Féiss: Aus dem alen „Duché“ war zwar um Kongress zu Wien e Grand-Duché gemaach ginn – e Witz, wann ee bedenkt, datt alles déi Säit vu Sauer an Our ewechgekëppt gi war – ower doduerch krut den Oranier-Kinnek vun Holland e Klappstull ënnert de grousse Prënzen am „Deutsche Bund“… mat enger preisescher Garnisoun matzen am neien Nascht; eng zimlech verréckt Situatioun; d'Vollek guf fir näischt gefrot, och 1839 net, wéi Dierfer a Famillen op deer belscher Säit ouni Schimmt a Schoun verrappt si ginn.

Den „Hollänner“ war e Klatzkapp; seng Verbruetheet huet hien 1830 och „seng“ Belsch kascht, an 1839 hunn déi him an „äis“ och nach deen Deel vum Grand-Duché ewechgerappt, dee mir haut als Province de Luxembourg kennen … dat ass natierlech Geschicht. Mä ouni Geschicht ass dee Buedem schlecht ze verstoen, op deem de REENERT gewuess ass; och wéi et zu den Ëmstänn komm ass, an déi dee klengen Nannetts-Méchel 1827 eragebuer guf, an déi seng jonk Joere gefall sinn, seng Schoul- a Beruffsausbildung. Domat versteet een och, datt dee jonke Schoulmeeschter vu Steesel net frou iwwer all déi Sträck war, déi him vun der „Obrigkeet“ an säi Pad geluecht gi sinn. De Rodange guf net frou als Schoulmann an och net zefridden als (gewëssenhafte!) Kantonal-Piqueur, net op der Cap (Käerch), net zu Wolz, net zu Iechternach … an seng laang Mo-Geschicht war keen Zoufall. Hien huet mat sengem helle Verstand natierlech duerch déi ganz verhuele Gesellschaft gesinn a gefillt, duerch déi „Uerdnung“ vun den décken Häre a vun de klenge Maxen, wou de Kapp näischt an de Gebuertsschäin oder de Portmonni alles gezielt hunn. Dat huet missen elle wéi dinn, a mir fannen de Gedanke batter-witzeg op eng Stroph vum REENERT reduzéiert: *de Räiche kann alt domm sinn,*

da wäert en nach gedeien; ma d'Dommheet bei em Aarmen, ass guer net ze verzeien.

Wie waren dann déi „Räich"? Mä eng gutt Dose Famillen, déi alles haten an alles op sech zou dirigéiert hunn; de ganze Rescht huet de Mond missen halen an sech däerfe bei déi „grouss Hären aus der Stad" esou wéi déi aus dem „Hämmelsmarsch" kromm a krëppeleg schaffe goen, oder héchstens fir d'Fouer „eng Ronn maachen a mam zënne Plättel" bockele kommen. Ower, wat mécht dee Schwaachen, deen sech net wiere kann? Eng Fauscht an der Täsch, heemlech Witzen … oder hie schreift e REENERT.



Eenzege „Portri", dee vum Michel Rodange besteet; 1864 beim Photograph Kuhn, Kapuzinergaass, Lëtzebuerg; hei op engem Facsimile vun der Mini-Plakat, wéi den „Théâtre du Centaure" 1978 „dem Grof Sigfrid seng Goldkuommer" zu Wolz a Märel op d'Bühn gesat hat.

Wie war dee „Männchen"?

E puer Schläisse biographesch Notize kënnen äis hei e bësse Versteesdemech fir de Rodange, säi Liewen a säi Wierk bréngen: 1827 zu Waldbëlleg als Jong vun engem klengen Duerfschouster gebuer, deen sech selwer, beim Kéi-Hidde liesen a schreiwe geléiert hat, an niewelaanscht fir anerer ploue gaang ass – d'Mamm war d'Jeannette („Nannett") Theisen – de Papp ass 1832, matzen an deer schroer Zäit vun der belscher Revolutiounsperiod, ewechgefall – Primärschoul a sou genannt Summerschoul zu Bëlleg, op Méchelbuch an zu Dikrech, duerch de Monni Theisen vun der Enteschbaach bei Buerschent; vun 1845 bis 1847 Normalschoul an éischt Plaz zu Steesel; 3. an 2. Rang; 1854 an der Fiels an Houchzäit mat der Joffer Madeleine Leisen, dem „Mielhari" vu Stroossen senger Duechter; 1857 mécht hien seng Demande fir an d'Bauverwaltung, well hie Krämpes mat der Gesondheet huet … „(si je ne) sentais d'année en année ma santé s'affaiblir…"; e kranke Mann, deen op deer eenzeger Photo, déi vun him existéiert, mat 37 Joer op d'mannst 20 Joer

méi al schéngt (!); net ze vergiessen, datt der fënnef vu senge Kanner kleng gestuerwe sinn, wat, och déi Zäit, fir dee kleespere Gefillsmënsch eng schrecklech Saach muss gewiescht sinn. Et kann ee roueg behaapten, datt de Rodange säi kuerzt Liewe laang dem Gléck oder op d'mannst der Zefriddenheet nogelaf ass a fir Unerkennung geheescht huet … mä wann een den Numm „Fréiop" (net) huet …

1848, de Rodange hat 21 Joer, huet de Wëllem II. sengem Grand-Duché, mam Zidderer vrun de revolutionären Ëmstänn a ganz Europa, eng éischt, sou genannt „liberal" Constitutioun ginn, am Sënn vun enger relativer Fräiheet fir d'Vollek. Am Verglach mat virdrun ass déi Verfassung vun 1848 ewell eng Bomme-Saach gewiescht … déi de Wëllem III. ower 1859 erëm elle verduerwen huet.

Net ze vergiessen, datt eise Rodange déi Zäit 29 Joer al a (leider?) gescheit war! Mir wëssen net, wat hien dat Joer vum Michel Lentz sengem héich-patriotesche „Feierwon" gehal huet, oder vun der „Heemecht"… mä hie war keen Anti-Patriot an och net géint d'Kinnekshaus, vrun allem wéinst dem „gudde Prënz Hari", deen de Wëllem III. hei am Grand-Duché vertrueden huet a beléift war. De Rodange huet op hien a seng Fra, d'Prinzessin Amalia, ganz schéi Versen op däitsch geschriwwen! Hien huet och gewosst, datt eist klinzegt Land an de 60er Joeren tëscht Frankräich a Preussen a Gefor war; ganz sécher war him ower net bekannt, datt den Akt ewell virbereet guf, mat deem de Wëllem III. fir 5 000 000 Gulden „eist" Land un den Napoléon III. wollt verjoberen; haut wieren dat ronn 1,2 Milliarde Frang oder 298 000 Euro. Mat dem belsche Kinnek war de Wëllem III. och am Handel … ower säi Brudder, just de „gudde Prënz Hari", huet d'Saach net esou verstan; hie wosst, datt de Bismarck dat och net deemno gesinn huet. D'Prinzessin Amalia hat e gutt Ouer bei hirem Monni, dem Zar vu Russland … deen dann och zu London 1867 den definitiven Traité mat gefuerdert an ënnerschriwwen huet, mat deem Lëtzebuerg fir zerguttst als neutralen a souveraine Stat ofgeséchert ginn ass. Eise Rodange hat

Cette page a été offerte par Hôtel Rest. ‚Les Jardins du Président' Luxembourg-Clausen

deemools 40 Joer … gelungenerweis schéngt just do seng „Oder“ fir de REENERT opgaang ze sinn.

De Michel Rodange ass kee Revoluzzer gewiescht, kee primitive Pafefrësser a keen onbedéngte Republikaner. Mä hien hat e ganz däitleche sozialen Hank, seng eege Meenung iwwer d'Kierch vun deemools an eng perséinlech Positioun vis-à-vis vun der Monarchie. Haut gif kee Mënsch sech doru stéieren; deemools war dat gewot a … gefaart; et ass ëmmer direkt ëm de Broutkuerf gaang; keng Gewerkschaft huet de Réck gestäipt, well jo nach keng do war; Här war Här, a Max war Max … op d'Fassong wéi de Schreiwer vun dësem Artikel et ë.a. an engem klenge Gedicht iwwer d'Siwebuere gemengt huet:

Si haten ∂'Nues, wou mir se hunn,
∂e Mond och … mä fir zou ze halen.
Eng Schaff, e Maufel an eng Wunn,
∂at war ∂'Romantik vun ∂en Alen.

„Politik“ war déi Zäit keng Saach vu Parteien, mä éischter eng Affär tëscht Klerikalen a Liberalen, tëscht Orangisten a Belgophilen, och nach tëscht pro-franséischen a pro-däitsche Kontrahenten. De Rodange war kee Parteigänger, éischter fir de Refrain vum „Feierwon“: Mir wëlle bleiwe wat mir sinn.

Dem Marx säi „Kapital“ huet eréischt 1868 ugefaang erauszekommen, an dat war ganz sécher och net dem Rodange seng Nuetsdësch-Lektür. Vum praktesche Sozialismus fanne mir virun 1880 knapps konkret Elementer, deemno eréischt ronn 10 Joer nom REENERT; „d'International“ huet an den 80er Joeren dappe geléiert … alles dat huet e Rodange jo méngerwärreg och net gebraucht, fir déi schappeg gesellschaftlech a politesch Wierklechkeet literaresch a senger Manéier op den Aarm ze huelen. Wat dat un Zivilcourage kascht huet, dat kann een sech ower nëmme mam Geschichtsbuch an der Hand virstellen.

Mat bëssegen an ironesche Wierder kritizéiert den Dichter sozial, politesch a moralesch Elementer aus senger Zäit. Well d'Kierch deemools (hei, an zu Roum och bannewänneg) mat an de Rieder an dotëscht war, ass si, als Institutioun, net als Relioun, deelweis mat op d'Schëpp geholl ginn. D'Roll vun de „liberale Geldsäck a Krautjunkere" guf verständlecherweis mat agebaut … mä dat guf de Rodange an de REENERT deier: Hie guf mat sengem Geschreifs an dem Buch selwer ënnert den Tapis gekiert, zu Wolz esouguer vum Priedegtstull erof noneegemaach … „wat hat dee Männi sech virgestallt, dee Krëppebësser?!"

Et sollt bal 30 Joer daueren, bis d'Gerechtegkeet sech dem REENERT senger ugeholl huet, vrun allem duerch Leit ewéi den Dr. Michel Welter, den Dr. Edmond („Pappa") Klein vu Munneref (e gebiertege Wëlzer a Frënd vun der Rodange-Famill), grad ewéi de Prof. Dr. Nik. Welter, deen ewell ernimmt guf.

an ∂e REENERT?

De Rodange hat mat deer lëtzebuergescher Versioun vum Goethe sengem „Reinecke Fuchs" senger Zäit an hire Leit op eng elegant Fassong de Spigel dohinner gehal an de Wouer gesot. Dee grousse Goethe, den Här Minister vu Weimar, huet esou eppes net néideg gehat; hien ass souwisou, sozial a literaresch gekuckt, wéi de Schmannt uewen op der Mëllech geschwomm, wéi hien den nidderlännesche „Reinarde de Vos" an d'Däitscht eriwwergedicht huet. Iwregens ass de Fong vum REENERT vum „Van de Vos Reynarde", Reynke de Vos, Reinhart Fuchs (Aldäitsch/Elsass), Roman de Renart(!) no hannerzeg bis bei d'Réimer, d'Griichen, d'Ägypter an esouguer d'Inder sichen ze goen … genee wéi den Usaz vun de bekannste Fabele vum Jean de La Fontaine, dee jo selwer schreift, hien hätt seng Fabele vum Äsop aus op Franséisch a Verse gesat. Deemno war de Rodange mat sengem ganz perséinleche

Cette page a été offerte par Hôtel Rest. ‚Les Jardins du Président' Luxembourg-Clausen



D'Plack vun der ACTIOUN-LËTZEBUERGESCH, mat eisen 3 „Nationaldichter" Dicks-Rodange-Lentz; Originale Gips, 42 cm Durchm.: Julien an Nina Lefèvre, 1984, vun deenen och de Medaillon op den 3 Haiser an der Stad gegoss ass; Propriétéit L.R.

REENERT a beschter Gesellschaft. Hien hat dat Ëmgedréint vun de Fabele gemaach, vun deenen et jo heescht, si wieren eng „comédie à cent actes divers".

Déi genial Iddi vum Rodange: Aus sengem Fuuss, aus de „Persounen", de Plazen an Ëmstänn op jiddfer Fassong eng lëtzebuergesch „Affär" ze maachen … et war fir seng Zäit wierklech eng „Affär", souguer eng ganz däitlech kéng, net ongeféierlech fir e Statsbeamten! Duerch den historeschen Hannergrond ass säin „National-Epos" natierlech net direkt liicht voll matzekréien; ouni eng kleng Rees an eis politesch a sozial Geschicht ëm d' Halschent vum 19. Joerhonnert, muss ee bei villen Anekdoten an Undeitunge „passen". Ee Gléck konnt de Prof. Jos Tockert sech 1927 fir d'Jubiläumseditioun vum REENERT nach op dem Rodange seng dräi Kanner an den Dr. E. Klein als direkt Zeie vu Leit an Ëmstänn verloossen. Dat Bescht, wat, exakt 60 Joer duerno, als explizit Editioun, erauskomm ass, war dem Romain Hilgert säi REENERT-Buch am Verlag Binsfeld; dolaanscht kënnt haut kee méi, dee sech mam Rodange ofgi wëllt, och wann dat Wierk iwwer de REENERT vläicht deem engen oder aneren eng Grimmel zevill „gesellschaftskritesch" ka schéngen.

Dem Michel Rodange säi Graf
um Niklos-Kierfecht
(10. Oktober 1997 – 125 Joer „Reenert“)

Gewëss hat den Dicks ewell vrum Reenert d'Fabel „de Wëllefchen an de Fiischen“ op d'Blat bruecht an sech mat sengen Theaterstécker en Numm gemaach; de Lentz war als patrioteschen a lyresche Schreiwer net méi ze iwwergoen … mä de Rodange huet 1872 mat engem Schlag bewisen, datt eis butzeg Sprooch räich a gewieweg genuch ass, fir net nëmme klengt Geschneeks oder grafft Geschier ze baken! Hien hat d'Lëtzebuergescht mat sengem Talent am Grëff, an zwar och nach an alle senge lokalen a regionalen Ënnerdialekt-Faarwen. Datselwecht huet hien a sengem eenzegen Theaterstéck bewisen: „dem Grof Sigfrid seng Goldkuommer“, dat den Ed. Kohl 1978 mat glécklecher Hand zu Wolz an zu Märel op d'Bühn gesat huet; hei soll jo nëmmen net vergiess ginn, datt de Regisseur Frank Feitler dem REENERT 1997 déiselwecht Éier op eng formidabel Fassung zu Wolz bei de Festspiller an am Stater Theater ginn huet; déi zwou „Entreprisen“ haten iwregens en immense Succès bei de Leit. Firwat kënnten esou Leeschtungen net periodesch do erëmkommen?

Cette page a été offerte par Hôtel Rest. ‚Les Jardins du Président' Luxembourg-Clausen

de „Léierchen“

Wa mir schonn a Clausen eppes iwwer de Michel Rodange wëlle soen, dann däerf dat lescht Wierk vun him net vergiess ginn: „dem Léierche säi Lidd“, an engem anere Manuskript och nach „dem Léiweckerche säi Lidd“ genannt. Ëm 1927 war vill literaturhistorescht Gedeessems rondrëm dës Dichtung entstan, well dräi Spezialisten sech net iwwer méi oder wéineger kleng Differenzen an Originaler eens gi sinn: de Jos. Tockert, de Michel Molitor an den Nik. Welter. Wéi sou dacks, wollt ee méi dichteg sinn ewéi deen aneren … an si waren et allen dräi! Esou Zoustänn hunn dem Weiderkomme vun eiser lëtzebuergescher Literatur dacks vill Klëppelen an d'Rieder gehäit, deemools an och nach deelweis haut; op engem klenge Raum wéi eisem Land ass den „Handwierksnäid“ leider ëmmer méi séier um Kachen, och bei Literaturspezialisten! Do, wou d'Wierker an d'Breet solle wuessen, ass dee pur wëssenschaftleche Wee dacks eppes ewéi en onnéidege Klompfouss, och wa munnech Ierzenzielerei fir „Spezialisten“ nach esou wichteg an intressant schéngt.

Ganz kloer ass dem Rodange seng lescht handschrëftlech Versioun vum „Léierchen“ hei a Clausen entstan; méi wéi sécher huet hien a senge kranken Deeg doheem, an e bësse bessere Momenter am Staudt-Haus, dat Manuskript erbäigeholl, dat haut ee Gléck, an eiser Nationalbibliothéik eng Éiereplaz huet, well mir den Här Direkter Gilbert Trausch an der Zäit op déi richteg Spur gesat haten. Mir kënne grad esou roueg dovun ausgoen, datt déi vum Rodange an sengem perséinlechen Exemplaire op der Hand verbessert éischt Editioun vum Reenert, hei a Clausen op de Leescht geholl guf; dat Buch läit haut a senger direkter Famill (Weber) zu Stroossen; eng zweet Editioun vum REENERT ass et ower net ginn, well emol keng 10 Prozent vun deer éischter verkaaft gi waren … „hien hat nëmme Misär domat“, solle seng Meedercher an de spéide Joere gesot hunn; dofir heescht et, si hätten d'Manuskript verbrannt. Et



Dem Michel Rodange
seng Handschréft
am „Léierchen“,
mat der Ëmschreiwung
vum Henri Rinnen
(op der rietser Säit);
Editioun vum ganze
Manuscript+
Transcriptioun, 1972,
ACTIOUN
LËTZEBUERGESCH;
dëse Manuscript
ass an deenen
„23 Méint a Clausen“
entstan.

Cette page a été offerte par Hôtel Rest. ‚Les Jardins du Président‘ Luxembourg-Clausen

Hitt dech vill am Land ze pautlen
'T bréngt de Bauer ëm de Plou;
Léier selwer d'Feld nët fautlen,
Schwaache Stécker looss eng Rou.
Täsche Zeil 496 a 497 ouer *Wahl der Sattelt*

Fir d'Gedéiesch ze verschälken
Vun de Käercher Wuurm a Mued
Sin der vill déi d'Somfrucht kälken
Notzt et näischt, 't mécht och kee Schued.

D'Sotzäit nun, déi muss de wielen
Léiwer Dréchent als wi d'Nätzt
D'Mëttelmooss drop *kanns de* zielen
Wann ee séit a wann ee setzt.
Zeilen 497 bis 504 si beigepedst. — 503 *kanns de* verbessert
an *kann een*

Gëf der Méi, well fir d'Gekniwels
Deet der Wieder *nët* e Wonner.
512 *nët* ausgestrach an drënner *jo*

Zräiss de Buedem, zräiss féng dack en,
D'Éig an d'Rolle musse schaffen
Solle Weess a Kléi gutt stacken
Maach am Mäerz en d'Feld recht affen.

VI

Wann no Frascht a Määrzeschauer
D'Sonn op Bierg an Dall nu schingt
Frou kuckst ëm dech léiwe da gelt Bauer
Wann d'Gewan rondëm dech gringt.
519 *Frou kuckst em dech da gelt* as so eppes geschriwwen,
wat viël ze liesen as, *léiwe* as gestrach
520 *Wann* verbessert a *Wall*

Wann eraus d'jong Some kréchen
An di aner si schuns do
Wann de Kapp all Planzen *hierwm*
An de Vulle laustren no.
521, 523 *Wann* verbessert a *Wäll*
523 *lieben an hierwm* geschriwwen

sinn der ower nach dovun iwwerzeegt, datt et besteet … déi Ongewëssheet passt am Fong bei dee gelungene Kauz vu REENERT a gëtt dem „Michel Rodange aus Waldbillig“ eng Zort vun nach méi apaarter Dimensioun.

Wien och nëmmen eng Grëtz Nues, Sënn a Gefill fir de „genius loci / génie du lieu“ huet, dee geet net ouni e sympathesche Gedanke fir den Dichter Michel Rodange hei a Clausen, ënne bei der Bréck, laanscht d'Haus, wou seng lescht Rees fir op den Niklos-Kierfecht ugaang ass.

Solle mir fir hie selwer a säi REENERT seng eege Wierder aus dem Fuusse-Buch net exakt ëmdréinen, wou hie seet: „Vill Bess'-re gong et schlechter …“?

Dës Bäiluecht fir an „d'gëlle Buch“ vum 150. Gebuertsdag vun der Clausener Musek ass bewosst am Verziel-Toun gehal, fir datt jiddfereen eppes dovu kann hunn, deen sech éierlech fir „d'Saach“ intresséiert, ouni wëlle „Spezialist“ ze sinn oder ze ginn. Hei hannendrun en etlech Wierker, an deenen, an aus deenen een iwwer de REENERT a rondrëm säin Dichter an seng Zäit schäffe kann. Si sinn natierlech alleguer an eiser Nationalbibliothéik ze kréien; eng Partie ass och nach am Handel; déi allermeescht si Raritéiten:

Nik. Welter:
Die Dichter der luxemburgischen Mundart,
1906, Schroell/Diekirch

Fern. Hoffmann:
Geschichte der Luxemburger Mundartdichtung, Bd.1, 1964,
Bourg-Bourger

Cornel Meder:
Michel Rodange – Gesamt Wierk,
1974, Edi-Centre

Prof. Jos Tockert,
Michel Rodange – Renert
1939/1954, Edit. J.-P. Krippler

Romain Hilgert:
M.Rodange, „de Fuuss am Frack …“,
1987, Edit. Binsfeld

Michel Rodange –
Festausschuss der Jahrhundertfeier 1927,
1926, Hofbuchdruckerei Linden & Hansen

Roby Zenner:
De Michel Rodange a säi Wierk,
in „Warte/LW“, Jhg.1977, Imprim. Saint-Paul

Albert+Christian Calmes:
Collections „au fil de l'histoire“/6 vol.
+ Histoire contemp. du GDL/12 vol,
Imprim. Saint-Paul

Gilbert Trausch:
in série „Manuel d'histoire luxembourgeoise“, Bd. III + IV

Paul Weber:
Histoire du Grand-Duché de Luxembourg,
1961, Office de publ./ Edit. Bruxelles,

Roger Müller:
Konferenzen a Publikatiounen iwwer eis Dichter
aus dem 19. Jht.,
Centre de Littérature, Mersch

Wien ass déi Madame?

Ob Mansfeld, Schuman oder Rodange,
ob déck, ob dënn, ob räich, ob aarm,
ob aadleg, dichteg oder fläisseg,
hei hale mir eng Dämmche waarm:

Si steet a kengem Dafregëschter;
si huet och néirewou e Graf,
mä s'ass bekannt grad haut wéi gëschter,
mam Blasens Léi duerch d'Land gelaf

Mir hu geglannt an alle Bicher;
't stong keng Adress op kengem Blat;
der Däiwel weess, wou si gehaust huet,
mä 't wor hei ënnen an der Stad!

Eng Cousine hat si no bei Munnrëf
si hunn sech do an hei gesinn;
dat hu mir schrëftlech an a Versen
Schlot d'Blat schéin ëm… da fannt Dir d'Mim!

L.R.

Cette page a été offerte par Hôtel Rest. ‚Les Jardins du Président' Luxembourg-Clausen

D'Maus Ketti sëtzt bei hirem Lach
Zu Bürmereng am Feld;
„Wéi schéin, denkt si, ass d'Liewen dach,
Wéi gutt ass 't op der Welt!"…
…
Op eemol lauschtert se a seet:
„Ech héiren eppes kribbelen.
A wat gesinn ech op der Heed
Do uewen esou wibblen?

Ass dat erlaabt, déi Déiwerei!
Eng friem Maus kënnt hier mausen!"
Mä gläich drop rifft se: „Heielei!
Meng Cousine Mim aus Clausen!"

Quell: August Liesch, „Allerhannd an d'Maus Ketti", Edition du Centre, 1966 – Zeechnung vum Pe'l Schlechter

«Je vous écris d'un café triste…»

Edmond Dune

«Poète clandestin» parmi le peuple de Clausen

n **Frank WILHELM**[1]



La littérature francophone du Grand-Duché est une belle inconnue, beaucoup de nos compatriotes ignorant jusqu'au nom de nos meilleurs écrivains qui s'expriment dans la langue de Victor Hugo et de Jacques Prévert. L'un d'entre eux a souvent illustré cette relation difficile entre un public indifférent et un artiste exigeant, par exemple dans le texte en prose intitulé *Le poète clandestin*:

Personne ne le voit, ni le jour ni la nuit. De lui-même, il s'est mis au ban de la société afin de mieux pouvoir la détester. Il trame dans l'ombre des conflits savamment ourdis, parfaitement organisés. […] Ce qu'il réussit le mieux, c'est de poser des charges explosives dans les banques du men-

1 Responsable du Centre d'études et de recherches francophones du Centre universitaire, collaborateur scientifique externe du Centre national de littérature.

songe, de miner les routes nationales de la bêtise, ou encore d'enfoncer des bâtons de dynamite dans la tête molle des bien-pensants. […] Si vous croisez sur votre route un être que vous n'avez jamais vu, qui ne suscite en vous nulle réminiscence, n'en doutez pas! c'est lui. Lui, le poète clandestin. Un conseil cependant: faites semblant de ne pas l'avoir reconnu. Ce qu'il déteste le plus au monde, c'est d'être appelé au souvenir de cette société qu'il abhorre et dont il s'est retranché comme un lépreux.»[2]

C'est **Edmond Dune**, mort il y a treize ans, qui s'exprime ainsi. Sa vie durant il aura été en conflit avec la société bourgeoise – celle de la Ville de Luxembourg, notamment, - à qui il reprochait volontiers de l'ignorer. Il en souffrait et, en même temps, en tirait sinon un motif de vanité, du moins une raison de se trouver satisfait de son écriture. C'est à Clausen qu'il a passé les quatorze dernières années de sa vie, au milieu de ses livres, de ses manuscrits, de ses peintures, au contact d'une population dont il appréciait le franc-parler et l'abord facile, en même temps qu'il pratiquait une certaine forme d'anonymat. Seul parmi la foule, tel paraît le statut de ce poète de la modernité luxembourgeoise. Son drame rappelle celui de Rousseau, moraliste puritain qui dénonçait la société parisienne et n'en écrivait pas moins pour elle, pour la réformer.

Une vie entre aventure et récollection

Edmond Hermann – c'est le vrai nom de Dune – est né à Athus (Luxembourg belge), le 2 mars 1914, d'un père grand-ducal et d'une mère originaire des Ardennes belges. Il perd ses deux parents, victimes de la tuberculose[3], quand il a deux ans et fréquente le

2 Paru dans *La Dryade*, Virton, n° 58, été 1969, repris dans *LNPS*, n° 1, 1974 et dans *Patchwork*, 1989, pp. 98-99.

3 Voir plus loin le poème en prose *Lettre*, où Dune parle d'un «singe tuberculeux»: cette maladie apparaît souvent sous sa plume.

Collège Saint-Joseph à Arlon, dirigé par son oncle maternel, le père mariste Wittamer. Sa soeur aînée, qui envisageait de se faire religieuse comme une de leurs cousines, meurt également de tuberculose. Le jeune homme fait des études universitaires en agronomie à Louvain, Bruxelles et Nancy.

C'est en Lorraine qu'il commence à écrire et voit ses premiers poèmes paraître dans *Nancy-étudiants*. Son pseudonyme littéraire d'Edmond Dune apparaît une première fois dans *Les Cahiers luxembourgeois* en 1935, éclipsant peu à peu son patronyme germanique qui lui rappellait les Allemands méprisés qui lui avaient gâché en partie sa jeunesse. *Dune* renvoie selon lui à un «territoire entre terre et mer» et à la «fascination du désert». En 1935, à sa majorité, il opte pour la nationalité luxembourgeoise, qui lui permet d'échapper au service militaire obligatoire. À la fin de sa vie, il dira n'avoir jamais douté de sa nationalité citoyenne, celle de son père.

En 1937, une crise spirituelle lui fait faire une retraite au couvent de Notre-Dame-de-la-Trappe à Soligny en Normandie, où paraît son premier recueil: *Révélations*, signé Edmond Dune. En décembre 1938, sur un coup de tête, il s'engage à Nancy à la Légion étrangère, peut-être en raison d'une histoire d'amour malheureuse. Sous le nom d'emprunt de ***Hugues Dardenne*** et sous la nationalité belge, également fictive selon l'usage des légionnaires, il sert en Algérie, au Maroc et en Tunisie. Lors du débarquement allié du 8 novembre 1943 à Port Lyautey, il est soldat au service de la France de Vichy, puis sert dans l'armée de la France libre qui attaque Rommel en Tunisie. Le sergent Dardenne, blessé, croix de guerre, est rayé des contrôles en novembre 1943 après cinq ans sous le képi blanc. Comme beaucoup de ses camarades, il quitte la Tunisie pour rejoindre l'armée britannique. Sous son vrai nom, il est incorporé à la Luxembourg Battery, appelée Brigade Piron d'après le nom de son commandant belge, et participe au débarquement en Normandie, à la libération des Pays-Bas, à la conquête de l'Allemagne. Même dans la promiscuité des combats, il garde sa part de mystère

Edmond Dune.
La tête humaine,
linogravure de 1971.
Exemplaire dédicacé
à Roger Nothar,
organisateur
de l'exposition
de 1985.

Collection particulière

et de réserve, mais le contact avec le Maghreb, le désert, les populations d'Afrique du Nord, les soldats venus d'horizons divers vont marquer durablement son imaginaire. Quoiqu'il se soit battu un moment contre les armées alliées, ses convictions humanitaires et démocratiques sont au-dessus de tout soupçon.

Après l'expérience de la guerre, il envisage de s'installer comme colon en Afrique du Nord, pour appliquer ses connaissances en agronomie. Cependant, il rentre au grand-duché et travaille comme journaliste de langue française à Radio-Télé-Luxembourg. Dans les années 50, il fait un séjour de deux ans à Paris[4]. En 1976, Josy Greisen, décorateur au Théâtre municipal de Luxembourg et dessinateur, rencontre Edmond Hermann / Dune à la Villa Louvigny, siège de la Compagnie luxembourgeoise de Télédiffusion, et y fait son portrait à paraître dans le *Luxemburger Wort*. Il en existe une version réaliste, où l'homme apparaît vieilli, tassé, comme déprimé, et une version idéalisée en poète lauréat dont les épaules servent de serre-livres à ses pièces et recueils poétiques. En posant, l'écrivain était peu intéressé par son portrait et se montrait plutôt apathique.

Le journaliste Edmond Hermann prendra sa retraite en 1979. Dans sa vraie vie, il aura été poète, dramaturge, essayiste et traducteur. Ses plus grands succès publics sont d'ordre dramatique. Ainsi, en 1957 est créée au Théâtre du Vieux-Colombier à Paris sa pièce *Les Taupes*. C'est l'histoire de cinq soldats allemands qui survivent, ensevelis de 1945 à 1951 dans un bunker de Varsovie

Edmond Dune et l'acteur-metteur en scène Marcel Lupovici après la télédiffusion des* Taupes *à la Villa Louvigny à Luxembourg, le 26 novembre 1957

Collection particulière

4 C'est grâce aux relations qu'Edmond Dune s'était faites dans la capitale française que le critique d'art luxembourgeois Joseph-Émile Muller a pu publier à Paris. Voir *Zuerst im Schatten, dann im Licht. Ein Rückblick von Joseph-Émile Muller*, Luxembourg, éd. des Cahiers luxembourgeois, 1999, pp. 98-99.

ROGER DORNÈS et
LA COMPAGNIE MARCEL LUPOVICI

LES TAUPES

quatre actes de Edmond DUNE

Mise en scène de Marcel LUPOVICI

Jacques MONOD
Marcel LUPOVICI
Raymond LOYER
Jacques DASQUE
Roger [illegible]

Avec la voix de Jeanne BOITEL

Décor de Jean LABUSQUIÈRE

Programme du Théâtre parisien du Vieux-Colombier où furent créées **Les Taupes,** *en 1957*

Collection particulière

Les Taupes, *lors de la diffusion par Télé-Luxembourg, le 26 novembre 1957. De g. à dr.: Roger Bret (soldat Waldinger), Jacques Dasque (soldat Nietzké), Raymond Loyer (adjudant Hess), Jacques Monod (sergent fourrier Riemann), Marcel Lupovici (caporal Bock).* Collection particulière.

bourré de vivres. Le troufion Waldinger, l'adjudant Hess, un nazi invétéré, le cynique caporal Bock, le sergent-fourrier Riemann et le jeune soldat Nietzké passent leur temps à discuter du sens de la guerre et de la vie tout court. Chacun des quatre actes de ce huis clos existentialiste est ponctué par une mort; seul survit le plus jeune, le plus démuni, peut-être le plus innocent. La mise en scène du drame est due à Marcel Lupovici, qui jouait le rôle du caporal Bock. En 1953, ce metteur en scène avait créé la *Grande Kermesse*, autre titre de *La Ballade du Grand Macabre* de Michel de Ghelderode. C'est dire si notre compatriote a eu affaire à une certaine avant-garde théâtrale à Paris. *Les Cahiers luxembourgeois* publient un compte rendu détaillé signé Michel Habart, avec de multiples photos. La pièce est encore jouée en novembre 1957 à la Villa Louvigny et diffusée en direct par Télé-Luxembourg: il n'y a pas eu d'enregistrement, mais il en reste des photos. *Les Taupes* ont été aussi représentées à l'ancien Théâtre municipal de Luxembourg, dans des décors exécutés par Josy Greisen. On en trouve un compte rendu signé P. G. [Pierre Grégoire?] dans le *Luxemburger Wort* (04/12/1957).

En 1966, le Centre grand-ducal d'Art dramatique crée à Esch-sur-Alzette un second drame en quatre actes d'Edmond Dune: *Les Tigres*. La pièce est encore basée sur un fait divers militaire des années 1950, où des soldats japonais, retranchés dans une île du Pacifique, survivent sept ans après la capitulation de leur pays: le doctrinaire lieutenant Onaka, le sergent Foujiri – un intellectuel interprété par Tun Deutsch (1932-1977) -, le soldat Koto à l'esprit primaire et un personnage narrateur. Alors que Koto retourne vers une vie plus normale, Foujiri évoluera lentement vers l'état de sauvage, d'homme tigre échappant à toute morale humaine, essayant, en vain, de convaincre Onaka d'abandonner ses réflexes de courtisan de l'empereur. Le drame se termine sur un double meurtre, seul survit le fruste Koto, se demandant à quoi ça sert, un homme. L'écho de cette pièce, jouée sur une musique de scène du

Cette page a été offerte par Brasserie de Luxembourg SA – MOUSEL-DIEKIRCH

Edmond Dune,
Nocturne.
Gouache signée et datée en bas à droite E. D. 73.
Collection particulière

compositeur luxembourgeois Edmond Cigrang[5], fut encore plus grand en Luxembourg. Il y eut de nombreux comptes rendus ou prises de position publiés dans les journaux (*d'Letzeburger Land, Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Letzeburger Vollek*) signés Claude Conter, Evy Friedrich, Georges Goedert, Nic Klecker, Roger Linster, Lucie et Guy Wagner, qui n'étaient pas unanimement élogieux. Nelly Moia, professeure à Esch-sur-Alzette, n'avait pas aimé du tout la pièce et le dit dans un article assez polémique: «Re-Tigres» (*d'Letzeburger Land*, 25/11/1966), ce qui lui valut une réponse sèche de la part de son collègue Nic Klecker. L'auteur lui-même – fait exceptionnel chez Dune – répliqua par une lettre ouverte («Réponse à une bergère», Nelly Moia) parue au *Phare*, supplément littéraire hebdomadaire du *Tageblatt* (03/12/1966). La pièce, dont le

5 La musique composée par le Français Maurice Jarre pour la version radiophonique n'a pas pu être utilisée pour la création luxembourgeoise. Voir Roger Linster, «Autour des ‚Tigres'», *Tageblatt*, 04/11/1966.

Cette page a été offerte par Banque et Caisse d'Epargne de L'Etat, Luxembourg

texte ne donne pas toujours dans les nuances, a eu le mérite de déclencher un débat socioculturel et littéraire.

En 1974, un troisième drame de Dune est créé: *Le Puits de Fuentès*, cette fois par le Théâtre du Centaure sous la direction de Philippe Noesen, toujours à Esch. La pièce oppose des villageois pendant la guerre civile espagnole, à la fin de l'année 1939. L'enjeu politique de la lutte entre chemises rouges et noires est cependant dépassé par la destinée personnelle de Maria, seul rôle féminin des pièces en quatre actes de Dune. Au milieu d'un univers d'hommes qui se déchirent, la jeune femme représente la confiance dans la vie et le bon sens obstiné.

Cinq ans après la mort de l'auteur, en 1993, le Théâtre des Capucins crée trois de ses pièces en un acte: *L'Aumônière, Le Dernier Roi et Gloire à Rudois*. Malheureusement la mise en scène se permet des libertés avec le texte: il n'est pas sûr que l'auteur eût accepté de voir sa pensée ainsi édulcorée. En effet, le dramaturge Dune est en quête de l'homme nu, arraché aux conventions sociales, aux idéologies dominantes, aux fausses croyances. Il plaide pour un humanisme courageux, se méfie des carriéristes et des phraseurs. Sous des dehors parfois amers, des paroles volontiers cyniques et dans une optique existentialiste, ses personnages cachent mal l'idéalisme foncier qui les fait vivre. Assoiffé de pureté malgré ses airs d'ours mal léché, Dune est un écologiste de l'esprit.

Amateur de joyaux bibliographiques, ce poète réalise parfois ses recueils en complicité avec son ami le typographe d'origine polonaise Jean Vodaine, installé à Basse-Yutz où il écrit lui-même. Au total, Dune a fait paraître une douzaine de plaquettes poétiques réunies pour l'essentiel dans deux livres-bilans: *Poèmes en prose*, (Québec, 1973) et *Des Rives de l'aube aux rivages du soir. Poèmes choisis 1934-1972* (1974). En 1955, le numéro 4 des *Cahiers luxembourgeois* annonce la parution imminente d'un recueil d'Edmond Dune intitulé *Le Miroir double* aux éditions Caractères à Paris. Le tirage prévu est important - 30 exemplaires sur Pur Chiffon et 500



Edmond Dune à la Librairie française à Luxembourg, lors de la présentation de son recueil* À l'Enseigne de Momus. Pensées et maximes suivi de l'Abécédaire ou l'art de dire en 26 leçons, *publié par Nic Weber pour RTL-Éditions en 1984.

Photo: Jochen Herling

exemplaires sur Alfa -, mais la plaquette ne semble pas avoir paru, peut-être faute de souscripteurs en nombre suffisant. En tout cas, aucun exemplaire n'en est connu des bibliographes ou des bibliothécaires. Les poèmes annoncés ont sans doute été publiés l'année d'après dans *Brouillard*, chez le même éditeur. D'autres éditions, bibliophiles, sont confidentielles, comme celles réalisées et illustrées par Jean Vodaine: *Multigraphies*, avec des poèmes d'Edmond Dune (Saint-Avold, Centre d'action culturelle, 1986, 80 exemplaires sur Pur Chiffon) et *Honchets. 24 poèmes français* d'Edmond Dune (Baslieu, 2000, exemplaire unique sur pur chiffon d'Arches)[6]. La douzaine de pièces d'Edmond Dune sont réunies en deux volumes: *Théâtre I. Pièces en un acte* (1982) et *Théâtre II. Pièces en quatre actes* (1983).

6 Ces deux éditions sont conservées à la BNL. *Jonchets* avait paru en 1965 chez Vodaine à Basse-Yutz. Sur les rapports Dune / Vodaine, voir le catalogue *Jean Vodaine, le passeur de mots: typographie et poésie*, Metz, Médiathèque du Pontiffroy, Luxembourg, BNL, 1997.

Livre*, dans l'album d'artiste* Honchets. 24 poèmes français *d'Edmond Dune manuscrits et illustrés par Jean Vodaine, Baslieux, 2000. Exemplaire unique, BNL.*

Photo: Marcel Strainchamps

On notera encore la collection d'aphorismes intitulée *À l'Enseigne de Momus* (1984). Dune parle de philosophie, de psychologie, de littérature expérimentale dans la revue *Critique*, fondée par Georges Bataille. Il a donné par ailleurs des textes à des dizaines de revues à l'étranger, dont la bibliographie est à établir. Enfin, il est graphologue expert auprès des tribunaux. La seule compétence qu'il ne semble pas exploiter directement dans ses écrits littéraires est l'agronomie, dont il était pourtant diplômé universitaire.

Il publie encore des traductions de poètes et d'écrivains italiens, allemands et autrichiens[7]. Ainsi, il constate par exemple à propos d'un confrère étranger en qui il devait, du moins en partie, se reconnaître:

[…] l'œuvre de Trakl est une tentative désespérée de retrouver l'innocence perdue: celle du monde animal, celle de l'enfance, celle de l'homme d'avant le péché originel […] Au cœur du désespoir et par-delà sa mort tragique, l'œuvre de Trakl reste un témoignage irrécusable de la pérennité et de la bienfaisance du chant lorsque, pour l'exprimer, fût-ce à travers les larmes et le chant, et en dépit des rouilles, des lèpres, le poète obéit aux nécessités d'une exigeante beauté.[8]

De son seul roman, *Les Hasards de Paris*, seules quelques pages ont été publiées. Un recueil de récits (*Patchwork*) paraît après sa mort, édité par André Simoncini qui donne de lui cette appréciation: «Durant toute sa vie Edmond Dune a suivi un sentier non conventionnel, détracteur des cercles littéraires et des pseudo-convenances intellectuelles. Une attitude qui l'a amené à s'interroger toujours sur la relativité des choses et sur sa propre relativité au travers de textes poétiques prétextes à une réflexion sur la destinée humaine. Du génie, il en fallut au poète pour se voir célébrer par tous alors

---

7 *Poètes italiens d'aujourd'hui*, 1965; *Friedrich Hebbel, Aphorismes*, 1967; *Trakl, Poèmes en prose*, Basse-Yutz, 1968.

8 *Trakl*, repris dans *Prix national de littérature 1987 Prix Batty Weber Edmond Dune*, 1987.

Cette page a été offerte par Cabaret ‚Splendid', Luxembourg-Gare

même qu'il exerça souvent son esprit frondeur et son humour corrosif.»[9]

Remarqué par Queneau[10] et par Paulhan, deux références dans les milieux éditoriaux parisiens, Dune se dessert lui-même par un caractère difficile. De son propre aveu, il a refusé en France le Prix Apollinaire, considéré comme le Goncourt de la poésie. À Luxembourg il ne cherche pas non plus le consensus et les compromis mondains au sein de la Société des écrivains luxembourgeois de langue française présidée par Marcel Noppeney. Dans sa patrie citoyenne, il a pourtant obtenu et accepté le Prix de littérature pour ses *Taupes* (1957) et le premier Prix Batty Weber, Prix national de littérature (1987)[11]. Comme seule patrie spirituelle, ce légionnaire à l'âme nomade se reconnaissait la langue française.

Edmond Dune meurt à la Clinique d'Eich, le 25 janvier 1988, et est enterré dans la tombe de sa belle-famille au cimetière Saint-Joseph à Esch-sur-Alzette (20e rangée à gauche, caveau n° 5-6). Le 8 août 1988, le Collège échevinal de la Ville de Luxembourg décide d'attribuer le nom du poète à une rue du quartier Val-Fleuri (en contrebas du Centre hospitalier de Luxembourg).

Tombe d'Edmond Dune au cimetière Saint-Joseph à Esch-sur-Alzette

Photo: Jean Jung

9 «Préface», *Patchwork*, 1989, p. 5.

10 Voir *Raymond Queneau, Journaux 1914-1965*, éd. établie, présentée et annotée par Anne Isabelle Queneau, Paris, Gallimard nrf, 1996, p. 361: «[1939] Les godillots sont lourds dans le sac. Les militaires. Le défilé du 14 juillet. Rêvasseries avec les Compagnies Sahariennes comme objet (j'avais, à Batna, demandé d'y être envoyé). La Légion: sujet de conversations récentes, avec Pelorson, avec [Michel] Leiris, avec [sa femme] Janine. Les gens qui fuient la Légion. Ce type dont on a publié des poèmes dans *Volontés* et qui s'est engagé dans la Légion […].» Note de bas de page concernant «ce type»: «Il s'agit sans doute du poète luxembourgeois de langue française, Edmond Dune, pseudonyme d'Edmond Hermann, né à Athus le 2 mars 1914.» - Aimablement communiqué par Claude Meintz (ANL).

11 Créé à l'initiative du ministère des Affaires culturelles, ce prix décerné par un jury institué par le ministère récompense un auteur luxembourgeois pour l'ensemble de son œuvre. Il a également été lauréat du Prix France-Luxembourg pour l'ensemble de son oeuvre (1979)

Edmond Dune, gouache signée et datée en bas à droite E. D. 72.

Collection particulière.

Poésie, peinture et musique

Dune ne se limitait pas au seul prestige de la langue, mais s'intéressait à d'autres domaines artistiques. Certains de ses recueils sont illustrés par des peintres comme Jean Vodaine ou Roger Bertemes. Certains de ses poèmes ont été mis en musique par les compositeurs luxembourgeois René Mertzig[12] et Norbert Stelmes, certains interprétés par la cantatrice Josette Jacoby (1925-1998), épouse de Claude Conter. Amateur et autodidacte passionné, il publie des critiques artistiques, par exemple sur Paul Klee, et s'adonne à la peinture, crée des gouaches, des dessins à l'encre de Chine, des linogravures.

Hie freet: Na Leut, warum noch nicht kaputt?
Do sot eng Wuecht: Die Munzen's machen tun!

III.

Am Gänsenhimmel hannert engem Bild,
Dräi aler Claus'ner hu Lamock gespillt
Du koum derbei gerannt dee schéinen Tunn
A rifft: „Hei kuckt wat ech am Kuerf do hunn!"
Si kucken dran, hir Freed schaalt uechtert d'Haus
De Portier kënnt a brommt: Dir fléit eraus!
Wat ass da lass, ech sinn äers Jäitze midd? –
Mä kuckt dach Här, mir hunn eng Munz hei kritt!

Cette page a été offerte par Brasserie de Luxembourg SA – MOUSEL-DIEKIRCH

ginn. Dat Ganzt mat Salz a Peffer ofschmaachen a gutt gehäerzt verfeineren. Duerno eréischt kënnt de Kuddelfleck an d'Zooss, a gëtt lues dran zéie gelooss.

Et dierf een net vergiessen, déi ganz Zäit am Dëppen ze réieren, well soss de Kuddelfleck riskéiert unzebrennen. Wann ons Munzen esou wäit sinn, dass se zervéiert kënne ginn, kann een no Loscht nach e Schotz Ram draschëdden.

De Genoss ass perfekt, an déi Clausener si komplett aus dem Haischen. Si mengen, si wiere mat engem Dëppen am Himmel a sangen dem Fritz sei Lidd:

Si kucken dran, a stoussen e Kreesch haart aus,
De Péitrus kënnt: Ech halen, ech g'hein iech raus.
Wat ass da lass? Ech sinn däers nu bal midd;
„Här Péitrus, kuckt, mir hunn eng Munz hei kritt."

Ob et dës al Clausener Traditioun iwwer kuerz oder laang nach wäert ginn, ass momentan net ganz sécher. Bedéngt duerch d'BSE-Krankheet (Rannergeckegkeet) soll de Kuddelfleck net méi dierfen an den Handel kommen. Dat wier en haarde Schlag fir déi verwinnt Clausener Gastronomen.

De Concours

Wann d'Musek op e Concours gaangen ass, wor bei ons doheem ëmmer grouss Opreegung. Mäi Papp huet sech bei dëse Geleeënheeten ni eng Blouss wëlle ginn. Hien huet säin Tuba mat heem bruecht, an dann ass owes fläisseg geprouft ginn. Mä eng Kéier wor et ganz schlëmm, dat wor am Joer 1960, wéi et geheescht huet, op Woltz op de Concours ze gon. Chef vun der Musek wor de Fernand Tribou. D'Partitur, déi den Dirigent gewielt hat, wor d'„Finlandia", Opus 26 vum Jean Sibelius. Dëst symphonescht Gedicht, wat urspréinglech „Eveil de la Finlande" geheescht huet a

Concours 1954

Luef an Éier fir den opgeschlossenen Tsar Alexander II. bedeit huet, wor eng Erausfuerderung fir d'Clausener Museker, déi bei dësem Concours gutt wollten ofschneiden. Eng besonnesch Erausfuerderung iewer och fir mäi Papp, well an deem Stéck e schwieregen Tubasolopart dran ass.

An dëse Solo ass geprouft ginn, ageochst ginn, muss ech bal son, an de Woche virum Concours, all owes op d'mannst eng Stonn. Et wor fir geckeg ze ginn. Mä et huet musse klappen, den Éiergäiz huet derhannert gedriwwen. Och d'Instrument ass geheegt a gefleegt, d'Ventile gebotzt an d'Mondstéck ersat ginn.

D'Freed an d'Satisfaktioun, wéi d'Musek mat Brio an d'Division Excellence geklommen ass, wor duerno natierlech ze verstoen. Mä mir doheem woren erléist. Perséinlech vergiessen ech dëst Wierk nimools.

E puer Clausener Leit besichen hire fréiere Kaploun Marcel Beck zu Munzen (Munshausen)

D'Loubridder

A mengem Papp senge jonke Joren, dat heescht ier hien den Iescht vum Liewen erkannt hat, wor hien an engem méi onkonventionelle kulturverbonnenen, op kollegialer Basis opgebaute fräie lokale Clausener Veräin, dee sech genannt huet:

D'Clausener Jongen, oder léiwer, d'„Loubridder"

No Sortien, Ausflich, net onbedéngt un d'Musek gebonnen, ass eng Grupp jonk Musikanten, eng Strëpp wéi mer haut géinge soen, vu sech aus dorëmmer an d'Bistroen oder op Fester spillen a sange gaange fir d'Leit z'ameséieren a gutt Stëmmung ze maachen. Si kruten dann natiirlech den Dronck zum Beschten, also fir näischt, esou vill wéi se wollten. Alles fir „lou" oder wéi et haut fälschlecherweis heescht, fir „lau".

D'Expressioun „fir lou" fënnt säin Urspronk an de fréiere Gierwereien. D'Lou, d'Schuel vun den Eechenhecken déi am Éisléck wuessen, ass benotzt gi beim Gierwe fir d'Déierenhit mëll ze kréien. Duerno eréischt konnte se an den Händschefabriken oder fir aner Liederartikele verschafft ginn.

Wann d'Lou geliwwert gouf, wor et de Gebrauch, dass de Meeschter deenen déi d'Lou bruecht hunn, eng oder méi Tournéeën zum Beschte ginn huet. D'Expressioun „fir lou" huet am Volleksmond ganz einfach de Sënn kritt „fir näischt".Esou wéi hautdesdaags gesot gëtt „fir lau" ass ofgeleet a spigelt net méi de Sënn vu fréier erëm.

Am beschten erklärt sech de Sënn an den Zweck vun onse Clausener Loubridder mat engem Lidd vum Fritz Weimerskirch.

D'Clausener Jonge mat hirem Louliɔɔ

Mir sinn déi Claus'ner Jongen,
verbrénge gier ons schéinsten Zäit,
mat Blosen a mat Sangen,
dat Schlecht all bleift schéin op der Säit.

Wa mir blouss Musek héiren,
da schlon ons Hierzer vill méi héich,
wa mir zesumme musizéiren,
da si mer jo gléckelech.

Mir sinn déi Claus'ner Jongen,
déi fest ëmschléngt ee Frëndschaftsband,
keen aus der Rei gesprongen,
sou heescht et, 't gëlt kee Rang, kee Stand.

Bei ons gëtt net gestridden,
et gëtt keen Här, keng Politik,
dat Schéinst dat ass a bleift heinidden
ons d'Frëndschaft an d'Musik.

Louliɔɔ'chen

Mir sinn déi Claus'ner Jongen,
mir liewe blouss fir Konscht a Spaass,
dacks hu mir dréche Longen,
versoen duerfir ni e Glas.

Dir kënnt ons jo probéiren,
eng besser Ursaach fant dir net,
an ons eng Tournee offréiren,
eng gutt Tousch deem, deen dëse Pättche gëtt.

Oh du schéi Jonggesellenzäit.

F.T.

D'Loubridder ënnerwee an Aktioun



Fritz Weimerskirch

Eng onvergiesslech Clausener Perséinlechkeet.

„Vedette naissante, étoile de demain, il débute sur la scène de notre Théatre National. Hier on le connaissait à peine, dès ce soir vous le verrez au premier plan, acteur de grande classe qu'on nommera avec les Donnen et Péka (Paul Kremer).

Né aux abords des fortifs, il apporte à son jeu ce naturel gouailleur et sarcastique qui caractérise le gavroche de la capitale. Modeste, spirituel et talenté, il dispose de ressources abondantes et variées. Son jeu est plein de finesse et de discrétion, sans exagération et sans charge. En un mot, un acteur dont on parlera."



Dës schmeechelhaft Beschreiwung liese mer an enger Brochür aus dem Jor 1917 wéi dem René Leclère säi Koméidistéck „John Pickels" opgefouert gouf. An dësem Stéck huet de Fritz Weimerskirch d'Roll vun engem jonken Affekot

gespillt, an den Donnen's August wor an der Haaptroll ze gesinn.

De Fritz Weimerskirch (1895-1971) wor natierlech net nëmmen Acteur. Hien, de „Wef", huet d'Theaterstécker fir säi Clausener Veräin „Amis de la scène" geschriwwen. Souzeson den Akteuren op de Läif. Esou fanne mer Revuen an Theaterstécker wéi „De Gulles als Minister"; „Alliance Bal"; oder „De Kichekueder"; „Biflamoud a Pattscheblummen"; „Kanddaf op der Hierzekrëpp"; „Den Här Tedo" (mat Gesang); „Proufdag op der Musel" (mat Gesang); „Eng gudd Affär"; „Erstéckte Flamen" (Operette mat Musek vum Jempi Kemmer); „De Riichter als Hellechtsmëcher" a „Spaléieruebst". Beim Stéck „Wann d'Biren zeideg sinn" huet de Wef d'Museksarrangementer selwer geschriwwen.

Op der nationaler Zeen begéine mer de „Wef"och gläich als Schreiwer, mat dem Donnen's August, vun der éischter Revue nom Krich am Jor 1945 „'T ass eriwwer". Hei ass et besonnesch em d'Nazie gaang an d'Kostümer woren, sou steet et am Programmheft, „hannerloosst vun der N.S.D.A.P." Eng weider Revue aus senger Fieder staamt aus dem Jor 1956 „Wann et alt ass". Mä och an de Revuen vu 1923, „Ass eppes": 1924, „Zim-la-Bumm"; 1925 „A gewichst" a nach anerer, fanne mer seng wäertvoll Mataarbecht erëm, wéi 1947 „Radaratom"; an 1948, „Aus dem Zoppekomp".

Mir kënne behaapten, dass de Fritz Weimerskirch een onermiddlechen Allroundmënsch, als eng Kapazitéit vun der deemoleger Theaterzeen kann ugesi ginn. Hie wor en echte Clausener Jong.

Schon am Alter vun 10 Jor wor hie Member vun der Musek, där hie liewenslänglech trei bliwwen ass. Dëst wéi hien an den 30er Joren eng Zäitchen zu Didenuewe beim franséische „Chemin de fer“ geschafft huet, grad wéi och spéider, wéi e Chefmagasinier op der Eisebunn zu Lëtzebuerg wor, an op de Belair wunne gaang ass. Seng onermiddlech Hëllefsbereetschaft fir Clausen ass nimools gebrach.

Loosse mer dobäi net vergiessen, dass hie vun 1930 bis 1952 President vun der Musek wor. Hie wor en Organisatiounstalent vum éischte Rang, am Comité esougutt wéi um Gebitt vun onvergiesslechen Auslandsreesen. Hie wor de „Boute-en-train „par excellence“.



PROGRAMM
VUN DER
REVUE 1945

'T ASS ERIWER

2 Akten vum Aug. Donnen am Wef
gespillt vum Aug. Donnen senger équipe
Orchester : Alf. Faber

Orchester-Arrangementer : R. Henx
Dekoren : J. Vandivost
Costümer : bannerlosst van der N.S.D.A.P.

I. AKT

1) Adolf Hitlers brauner Welt- und Wandersirkus

Jupp. Austriter . . . . . H. Hoegen
Hermann, Artist . . . . . L. Meyer
Benito, „ . . . . . M. Allsauna
Timmy „ . . . . . F. Horsack
Scholz Kling, Artistin . . . . . T. Zahn
Goebert, Stallmeschter . . . . . N. Fisch
Dansang, Clown . . . . . C. Cremers

Eng Zirkusszeen, BDM Medercher an en Gestapobeamten.
D'Lidd : „Fuchtzo fottt“ get vum M. Allsauna gesongen.

2) E frédege Sonndesmoergen

J. Marenger . . . . . A. Donnen
D'Kett, seng Fra . . . . . K. Schilling
Claudi, hiere Bo'e . . . . . E. Meyer
Den Ortsgruppenleiter . . . . . L. Meyer
Fra Diewner, Frauenwaltarin . . . . . M. Fritz

6 Medchen vun der Becks an Iner Leitzgeheier.
D'Lidd vum „getwesterten Schinken“ sengt de L. Meyer, an dat vum „Gefechte“ den A. Donnen.

3) Ons Gielemännercher

De Karnudeiter . . . . . M. Allsauna
Es Trapp Gielemännercher . . . . . M. Fisch, H. Becker, A. Haag, Jac. Haag, F. Horsack

4) Totaler Einsatz

D'Jenny, Bréifdre'osch . . . . . T. Zahn
D'Anny, Treuschaffeerin . . . . . A. Frisch
D'Hanny, Zeegschaffeerin . . . . . M. Fritz

D'Lidd vum totalen Einsatz sangen se zesummen.

Ech loossen de Chronist Marcel Kaiser zu Wuert kommen, deen 1971 säi Noruff geschriwwen huet:

„Fritz Weimerskirch war aber nicht nur ein begeisterter Musiker, sondern ein Allroundman seltenen Formats: Verfasser von unzähligen Theaterstücken, Komponist, Sänger, Schauspieler, Maler und Techniker. Unter seiner Leitung wuchs die Zahl der Musikanten zusehends. Dies war auch der Beginn der fortschreitenden höheren Einklassierung seines Vereins. Nach dem Krieg, als alles zerschlagen und nichts mehr vorhanden war, ließ er den Mut nicht hängen. Unter seinem Impuls erlebte die Gesellschaft dann einen neuen Aufschwung. Leider musste er 1952 krankheitshalber und schweren Herzens von seinem Posten zurücktreten. Wegen seiner immensen Verdienste wurde er einstimmig zum Ehrenpräsidenten auf Lebenszeit ernannt.

Aber auch dann, als er sich durch den unerwarteten Schlaganfall nur noch mühsam fortbewegen konnte, behielt er seinen Arbeitseifer und goldigen Humor bei. Seine zahllosen Lieder, Sketsche, Revuen usw. verfasste er hauptsächlich zu dem Zweck, das moralische und kulturelle Leben der Unterstadt zu fördern. Deshalb war es nicht verwunderlich, dass er in seinen gesunden Jahren als Akteur in seinen Theaterstücken auftrat.

Dieser noble Mensch dachte nie an sich, nur an seine Freunde. Deshalb blieb er auch aktiver Musikant, nachdem er die Präsidentschaft übernommen hatte. Diesen Freund haben wir nun verloren. Nie mehr werden wir an seinen geistsprühenden Unterhaltungen teilnehmen können."

Erënnere mer drun, dass d'Ketty Olinger mat vill Begeeschterung a mat sengem eemolegen ënnerstater Akzent en etlech Lidder vum Fritz beim Delta Verlag op Disque gesongen huet, wéi z.B.: D'Sichegaass; Zät is de Questchen; Miau-Miau (Blondinches). Ënner dem Titel „Wann ee laacht, da laacht mat" ass vum Fernand Wark och Humoristesches aus dem Fritz senger Fieder op Disque erauskomm (ouni den Auteur ze ernimmen).

 Cette page a été offerte par Brasserie de Luxembourg SA – MOUSEL-DIEKIRCH

Et besteet eng wäertvoll a séier spaasseg Opnahm vun enger Emissioun vum Léon Moulin aus dem Jor 1962 mam Sketch „Kanddaf op der Hierzekrëpp“. Et wierke mat: Kätty Olinger, Aly Bintz, Kätty Schilling, Marcel Jander. Gesonge ginn „d'Munzelidd, d'Madamen aus der Sichegaass; de Fëschmaart; d'Neiduerfer Brandstëfter; de Breedewee; dem Leederlee seng Nues“. Op der Dréiuergel begleet de Jempy Kemmer.

Aus déiwem Respekt vrun dësem dichtegen, onvergiessleche Clausener Éierebierger wëlle mer e puer meeschtens onbekannt Pärelen aus dem Fritz Weimerskirch sengem räiche literaresche Nolooss, sengen humoristesche Gedichter erauspicken, a se an dëser Broschür presentéieren.

Et muss dru geduecht ginn, dass et vu grousser Wichtegkeet wier, dass dem Fritz Weimerskirch seng beschten Texter als national Editioun erauskomme miissten. Wann se net geschwënn an de Vergiess gerode sollen, ass dat eng Missioun, déi ons Generatioun nach muss an de Grëff huelen. An dofir muss op séierstem Wee Kontakt mat dem Kulturministär, resp. mam Fonds culturel national opgeholl ginn. Mir sinn dem „Wef“ dat schëlleg.

Cette page a été offerte par Landesbank Rheinland-Pfalz International, Luxembourg

D'Guillotine
Eng Grenzgeschicht

Dir hutt dach all sicher vum Ongléck gehéiert,
dat vru de Joer zu Esch wor passéiert.
Do hat de Strécks Pir, dee beim Cresto zerwéiert,
seng Fra (si huet déi Säit an d'Frankräich gehéiert)
am Soff mat dem Schluechtmesser vermassakréiert:
si hat wéi et schéint mat dem Noper pousséiert.
Wuel hätt gier ons Police de Pir arrêtéiert,
mä deen hat sech heemlech an d'Ausland sauvéiert.
Et hat een du laang näischt méi vun him gehéiert,
't wor alles vergiess, 't huet näischt sech geréiert,
bis d'Zeidonge kierzlech ganz Land alarméiert,
si hätten zu Nanzech de Pir arrêtéiert,
a well nu seng Fra an d'Lorraine huet gehéiert,
hu si op d'Geriicht hie vun Nanzech zitéiert.
Wuel hunn d'Affekote fir hie gutt plädéiert,
mä den Här Procureur huet de Kapp reklaméiert:
den aarme Strécks Pir gouf zum Doud kondamnéiert.

Schon hat Meeschter Deibler d'Maschinn préparéiert,
du gouf vu Paräis erof telephonéiert,
de Stréck géing am Frankräich net executéiert,
well d'Ongléck, dat wier jo am Ländche passéiert;
a well och de Mierder op Lëtzebuerg héiert,
géif hien och zu Lëtzebuerg guillotinéiert.
E frëndleche Bréif, deen déi Sach explizéiert,
gouf mat onsem Pir iwwer d'Grenz expédiéiert.

Wéi déi an der Stad nun de Bréifche studéiert,
hu si de Ministerrot gläich convoquéiert;

 Cette page a été offerte par Cabaret ‚Splendid', Luxembourg-Gare

déi hunn iwwer d'Saach laang a breet débattéiert.
„De Fall hei", sou huet den Direkter plädéiert,
„ass zenter X Joren am Land net passéiert;
bei ons ass scho laang d'Guillotine pensionéiert,
ech gleewen och net, dass se nach fonktionéiert.
Si hunn ons de Mann hei zu Doud kondamnéiert,
no Urteel a Recht, wéi't fir ons sech gehéiert,
a mir si chargéiert a quasi forcéiert,
et bleift ons keng Wiel, hie gëtt exécutéiert.
Well ons Maschinn net méi recht fonktionéiert,
ech hale net drop, dass onst Land sech blaméiert,
da léine mer eng, hie gëtt guillotinéiert."
Déi Ried hunn d'Ministren am Fong approuvéiert
an hunn op der Dot e Kreditche votéiert
fir d'Käschten ze decken, déi d'Saach entrainéiert;
d'ganz Zomm gouf op 600 Frange fixéiert.

Si hu sech durop u Paräis adresséiert,
an nodeem s'e puer amtlech Bréif échangéiert
du huet et geheescht, hiert Gesuch wier erhéiert;
där éischt Deeg ee géing d'Guillotine expédiéiert,
mä 5 Millioune Frang Käschten am Viraus verséiert.
Drop wor de Ministerrot al embêtéiert,
well 't wore jo nëmme 600 Frang votéiert,
an eestëmmeg hu s'op d'Geschäft renoncéiert.

Si hu mat Berlin durop korrespondéiert,
an d'Reichsamt schreift zréck, mir si ganz enchantéiert,
dass Dir ons mat enger Bestellung beéiert.
Dee Sport gëtt an Däitschland net vill praktizéiert,
bei hinne gouf ni vill Gedeessems geféiert,
wann deen oder dëse si wirklech genéiert,
da geet et: Pou Pou an d'Affär ass klasséiert.

Dach hu mer fir Iech eng Maschinn konstruéiert,
vu prima Kruppstol, 4 Jor garantéiert.
De Präis, 1 000 Mark, gëtt bei Liwrong régléiert,
blous Reiseschecksmarke ginn net akzeptéiert.

Den Toun vun deem Bréif huet ons Häre vexéiert,
si alleguer fondten de Präis onerhéiert
an äntwerten zréck, d'Saach déi wier annuléiert,
si wäre vum Guillotinéire bekéiert.

Am Fong huet d'Affär se dach al kujenéiert,
si hunn nach doriwwer d'ganz Nuecht débattéiert,
mä kee fonnt e Wee deen zur Léisong geféiert,
bis dass sech de Garçon de Bureau geréiert,
(si haten dem Mann och seng Nuetsrou gestéiert).
„Ech hunn eng gutt Idee", sot hie ganz blaséiert,
„a wann der mir follegt ass d'Saach gläich klasséiert."
Nodeem hien hinne säin Trick explizéiert,
du woren s'all eens an hunn telephonéiert,
a gläich gouf de Mierder virun se geféiert.

Nu stong dee vrum Conseil ganz emotionnéirt,
en duecht sech, en hätt Doudesklack scho gehéiert.

„Är Messergeschicht huet ons al kujenéiert.
Déi Nanzecher, déi Iech zum Doud kondamnéiert,
hunn ons mat der Urteelsvollstreckong chargéiert;
nun hunn ower d'Ëmstänn ons d'Saach al erschwéiert:
Déi 600 Frang, déi mer dofir votéiert,

hei sinn se, nu loosst Iech käppe, wou der wëllt!"

Dem Hilaire seng Pareiser Rees

Den Hilaire, dee gong mol op Pareis,
Aha, mhm, oho!
'n'hätt gier gewosst, wat do uewen géing Neis
oho!
mat 15 Frang an e Freifahrtsschein,
eng Zoossisseschmier, eng Fläsch Branntewäin,
dat wor eng kleng Stäerkong fir säi
schwaache Mo
Aha, mhm, oho!
Wéi hie kënnt op d'Gare frot en do e léift Kand,
Aha, mhm. oho!
Dites-moi, s'il vous plaît, wo wohnt hiere meine Tant?
oho!
D'Kand huet fir d'éischt 'n dommt Gesiicht gemaacht,
du kuckt et en un an huet heemlech gelaacht.
„Ta tante", sot et dunn, „mon petit, komm mir no!"
Aha, mhm, oho!
Den Hilaire duecht: „Jeft, hei si gentil Leit!"
Aha, mhm, oho!
a geet mat dem Meedchen duerch d'Stroossen eng Zeit,
oho!
Du klammen se op op den dräizéngte Stack.
„Nu komm och", sot hatt, hëlt den Hilaire beim Frack.
„Majue", sot den Hilaire, „mei Gott, wat eng Fro."
Aha, mhm, oho!
Dobanne freet hien: „Sidd Dir d'Cousine vleich?"
Aha, mhm, oho!
O freck, ma mäi Kand, da sidd Dir nachwell reich."
oho!
„Bien sûr, mon cher, mä wat hues de dann do?"
„Dat hei ass de Schnaps, d'Schmier, déi hunn ech am Mo."

Du sot dat léift Kand „Ma mir schmaachen elo.“
Aha, mhm, oho!
Si zwee hu gedronk aus der Fläsch dunn eraus,
Aha, mhm, oho!
an d’Cousine fängt un sech ze donken aus,
oho!
„Mä Cousine“, sot hien, „maach mat mir net de Geck,
weiss mir dach meng Matant amplaz äre Speck.“
„Ma sicher“, sot hatt, „d’Matant kënnt gleich elo.“
Aha, mhm, oho!
Mä t’koum sech keng Matant, et koum sech glat keen,
Aha, mhm, oho!
den Hilaire sot: „Looss mech eraus, ech ginn heem.“
oho!
Op eemol, du koum dach e latzege Mënsch
a botzt em säi Geld, t’wor him grad wéi e Wonsch,
a rennt nach dem Hilaire eng fest op de Mo.
Aha, mhm, oho!
„Kerjeft“, duecht den Hilaire, „wat soll ech nu man?“
Aha, mhm, oho!
an huet mat der Fläsch an de Spigel gehan.
oho!
Lo raumen ech hei déi verflixte Këscht,
du hat schon eng Police hie beim Schlapp erwëscht an
hëlt onsen Hilaire mat an den Dépôt.
Aha, mhm, oho!
Dräi Deeg souz den Hilaire bäi Waasser a Brout,
Aha, mhm, oho!
de Schnapp huet e kritt, jo den Houscht an de Sout,
oho!
du hu se per Kutsch hien op d’Gare gefouert.
Den Hilaire duecht: Wierd der dach all gutt krepéiert!
Paräis, Parschäis, ech wor eemol do;
Aha, mhm, oho!

Cette page a été offerte par Jos Goebel-Kirsch,
Vice-président honoraire de la Fanfare g. d. de Clausen, Cents

Déi lescht Ham

Siwe Méint scho louch deen aarme Mett,
ouni Klo a sengem Plaumebett;
Trotz dem uergen Duuscht a morem Kascht,
bruckt hie wéi e Scheefche stëll am Nascht.

Haut ass neess den Dokter do gewiescht,
huet de Blinddarm an de Bolz gemiesst,
op der Broscht huet hie gelauschtert laang,
Schliesslech sot hien: „Bong!“an hien ass gaang.

An der Dier hat hien der Fra gewénkt,
déi hat wuel gemierkt, dass eppes sténkt,
an si ass dem Dokter nogerannt,
dee schon an der Trap gedréckt hir d'Hand.

„Aarm Fra“, sot en, „Dir donkt mer Leed“,
ower Dir gesitt jo wéi et steet!
Fir de gudde Mett ass et mer baang,
't geet zu Enn, hie packt et net méi laang.
Nach Diät halen, huet keen Zweck,
pucht och d'Medezinen an den Dreck,
gidd roueg him alles wat hie freet,
maacht him d'Enn sou schéin 't nëmme geet.

„Jesses Marja“, huet gebläert dunn d'Änn,
„ass et méiglech, geet et schon zu Enn!
Ech hat him nach eréischt e Kostüm kaaft,
och e Radio hat ech him verschaaft.

Ower deen, dee geet mer hell nees zréck.“

„Lues do“, sot den Dokter mat Geschéck,
„Waart nach, vläicht ass déi Saach net schlëmm,
d’eilt jo näischt, ech komme nach erëm.“

Domat wor den Äskulap duerch d’Bascht,
d’aarm Fra huet nach eng Weil gekrasch.
Schliesslech hëlt s’emol eng Heffendrëpp,
Botzt nach d’Tréinen of mam Schiertegskëpp.

Übt am Spigel nach eng frëndlech Minn,
dass de Mett hir näischt soll ofgesinn,
geet dunn op, de Mett louch roueg do,
pëspert nach: „Wou waars de nees elo?

Hues de dech beim Dokter nees beklot?
Hë! Wat huet deen iwwerhaapt nees gesot?“
„Oh – deen hat kee laangt Gespréich mat mir,
ganz zefridde wor deen haut mat dir.

Sot nach, gitt himm alles wat him schmaacht.“
„Oh“, sot dunn de Mett an huet gelaacht,
„Mä dee gudde Mann huet nachwell Recht,
ech hu schon zënter Méint no Ham geglëscht,

‘t hänkt jo nach eng do, an du bass fléck
Huel s’erof a schneid mer e gutt Stéck!“

„Ei“, jäizt d’Änn, „wuel hänkt eng un der Dunn,
ower do däerf ech net schneiden drun,
well du weess, mer sinn ewell net räich:
Déi do hänkt, déi ass fir no der Läich.“

Amen.

 Cette page a été offerte par Boucherie C. Péporte-Dumong et fils, Esch/Alzette

D'Giertneschfra

No laang Joren zéit e Jong nees heem,
D'Hierz voll Hoffnong a verléiften Dreem;
An e Giertnerhaus ass hien nach gelaaft,
huet fir d'Freiesch nach schéi Blummen kaaft.

D'Giertneschfra, mam Teint sou bleech an zaart,
hëlt hir Schéier, geet dann an de Gaart.
Ower bei all Blumm, déi si schneit of,
lafen d'Tréinen hir d'Baken erof.

„Fra Dir kräischt, sot mir dach wat Iech dréckt!
Ass et vläicht ëm d'Vioulen déi Der pléckt?
Ass et d'Rous, déi Iech ze denke gëtt?"
„Neen", wenkt d'Fra, „dofir kräischen ech net.

Nëmmen engem Jong wëll ech et son,
dee vru Joren huet an d'Friemd misst gon,
deem ech hat fir éiweg d'Trei versprach,
déi als Giertneschfra him hu gebrach."
„Menge Wierder hues de net getraut
an dei Liewen op de Sand gebaut.
Gëff mer d'Blummen hier, dra blénkt sou schéin
wéi en Diamant mir eng Giertneschtréin.

Mat de Blimmercher hei an der Hand,
wëll ech zéien nees vu Land zu Land,
bis der Doud mech hëlt beim leschten Trëtt,
haalt Iech monter, Fra, vergiesst mech net!"

Cette page a été offerte par Café ‚Um Rouden Eck' Bonnevoie (Mme Jeanny Clement) ‚Télévision grand écran'

Den Inspekter an der Panne

Eng léif Geschicht ass leschterdaags zu Bech passéiert,
ech hu se d'alleréischt vum Schoulmeeschter gehéiert,
an deen, dee wosst se vun dem Becher Här Paschtouer,
och stong s'am Wort, eng Prouf, dass si och wierklech wouer.

Am Summerwee bei Bech, do stong en Här ze rosen.
Säin Auto wor defekt, ëmsoss säi Keimen, Blosen,
Ëmsoss säi Klappen, Schrauwen, Schweessofbotzen, Denken,
dach wousst e mam Geschier net ganz vill unzefänken.
Seng ganz schéi Léier konnt dem gudde Mann näischt déngen,
d'Maschinn wor futsch, an net méi vun der Plaz ze bréngen.

E Bouf vun 12 Joer kuckt schon eng Weil duerch d'Hecken,
trëtt dunn eraus a seet mat nidderträchtge Blécken,
„Léint mir emol de Schlëssel an de Schrauwenzéier,
da wäerd Der scho gesinn, mat mir do geet et séier."
Den Här, dee wollt fir d'éischt dem Bouf eng kraachen,
dach huet en ower schliesslech missten heemlech laachen
a sot: „Probéier alt emol, a géi drun dréien,
well méi wéi futti ass de Jabel net ze kréien."
De Bouf, dee gëtt sech dru mat Schmieren a mat Wuddren
hie botzt am Fong all Deel an zéit och un de Muddren,
dunn trëtt en op d'Pedal, de Motor deet usprangen
a fänkt gläich un säi regelméissegt Lidd ze sangen.

Den Här sot ganz erstaunt: „Ech muss der merci soen!
So du mer ower, brauchs du net an d'Schoul ze goen?"
De Borscht wénkt neen a sot: „Ech sinn zevill en Dommen,
haut kënnt Besuch, wuel wäert den Här Inspekter kommen.
Ech hu Vakanz, de Lehrer sot: Géi du spazéieren!

 Cette page a été offerte par M. Raymond Boden, Maître-bottier orthopédiste, Neudorf

Du wäers ëmstand, du géings d'ganz Klass a mech blaméiren."
Bei deene Wierder fong den Här un heederhaard ze laachen
a kréint: „Mei léiwe Jong, do kënne mer näischt maachen.
Hei hues d'emol zeng Frang, da keefs de der Kamellen,
ech ginn derweil an d'Schoul, dem Lehrer et ze mellen.
Als Chauffeur bass d'op jidde Fall zu Bech de beschten,
du wäers gesinn, du bleifs och an der Schoul net méi dee leschten,
Well ech, Inspekter, weess de Schoulmeeschter ze zëssen."
„O freck" sot dunn de Bouf, „dat hätt ech misste wëssen."

Eng Kou

Eng Iwwersetzung

Duerch de Bësch gong d'lescht de Metty
monter op säin Dierfchen zou.
An deem Aarm hat hie säi Ketty,
an deem anren un dem Stréck eng Kou.
D'Sonn déi wor grad schlofe gaangen,
lues koum d'Nuecht erop gezunn.
D'Ketty dat fong un ze fäerten,
't wor em wierklech net eendunn.
„Mett, du wäerts mir dach näischt donken"
sot op eemol hatt, an d'kräischt;
Mä hien äntwert: „Hief keng Suergen,
nee mai Kand, ech dunn der näischt."

Lues a lues gouf et méi däischter,
d'Ketty kräicht bal an säi Schaz;
't hat eng Angscht, 't wor knapps ze gleewen,
't koum bal net méi vun der Plaz.
„Mett", sot et no enger Weilchen,
„dach, du wëlls mer eppes dunn,

Well ech hunn eng donkel Ahnung
an déi huet mech ni bedrunn."
Mä de Mett brommt: „Topecht Meedchen,
ass dat Eescht dir oder Spaass?
Ech kann dir dach haut näischt donken,
well de Bësch ass vill ze naass."

An derweile wor et Nuecht ginn,
D'Ketty konnt vun Angscht knapps ston.
„Metty", sot et „hief Erbaarmen!
Gelt, mäi Jong, du léiss mech gon!"
Mä du gouf de Mett ganz hafteg
A jäizt: „Hal dach d'Suckel zou!
Wéi kënnt ech der eppes donken,
wat méich an där Zäit dann d'Kou?
Déi wier ier ech mech ëmsinn hätt,
Wéi de Wand op an dervun!"

„Metti", sot dunn d'Kett verschotert,
„Dabo do, mir strécken s'un!"

F.T.

 Cette page a été offerte par M. et Mme Léon Rodenbourg-Fostier, Bascharage

Theater a Clausen

Kultur a Freed op gesondem biergerlechem Niveau

Wann Theater gespillt ginn ass, sinn ech normalerweis mat ugetratt, fir kucken ze gon. Dat wor souzeson eng Mussesaach. 't huet mech iewer och interesséiert an impressionnéiert, well d'Trupp a Clausen ëmmer gutt gespillt huet. E puer Akteure si besonnesch a mir hänke bliwwen, wéi z.B. d'Kätty Olinger-Herchen an hire Mann, de Jang Olinger. Deen hat ëmmer esou extra witzeg Ausdréck, an déi koumen, e mysteriéist Wonner, an all Theatersték erëm. Ech denken dobäi besonnesch un esou Beschreiwunge wéi „comme le boeuf dewo la motagne", oder „Honni soit qui mal y ponse", „Dät is de Knäschtchen". Ech schreiwen et esou, wéi de Jang et ausgeschwaat huet, dat wor besonnesch lëschteg. No esou engem Spréchelchen huet hien dann ëmmer nach e fiktiven Auteur zitéiert, wéi z.B. „sot den Cäsar", „duecht den Napoljong" oder „mengt de Shakespeare". Dobäi huet hien och nimools „Shakes-*pir*" gesot, mä esou geschwaat, wéi et geschriwwe gëtt „Schakes*peare*". Dacks koum dann och nach eng Stad oder e Land dobäi, wou déi betreffend Persoun sech mat Sécherheet ni am Liewen erëmgedriwwen hat. Ech konnt als Bouf net verston, wéi dat méiglech konnt sinn, dass all Auteure vun Theaterstécker déiselwecht Formulatioune konnte benotzen.

Wa mer vum Jang Olinger schwätzen, komme mer natierlech net derlaanscht, iwwer de Weimeschkirch's Fritz ze schwätzen, ouni deen um Theaterplang net vill gelaf wier. Déi zwéin, de Fritz

an de Jang, déi am kulturelle Liewen esou eng wichteg Roll gespillt hunn, eng Roll am Liewe wéi op der Bühn, woren een Hierz an eng Séil. Si woren e Begrëff, wat d'Theaterliewen ubelaangt huet, an allebéid, Auteur wéi Akteur, sinn an der Erënnerung hänke bliwwen. An dat iwwer de Wee vun den:

Amis de la Scène

De Fritz Weimerskirch huet de Steen an d'Rulle bruecht. D'Trupp huet Enn der zwanzeger Joren (1929) ugefaang mam Stéck „d'Meedche vu Götzen". An den Haaptrollen d'Kätty Herchen als Meedchen an de Jang Olinger als Freier. „D' Amis de la Scène" woren eng onofhängeg Trupp, eng Équipe vu Clausener Leit, déi sech zesummefonnt haten. Si hu gespillt fir aner Veräiner, de Fëscherclub, de Foussball, den Turnveräin, de Clausener Gesank, mä hiert Hierz huet mat Bestëmmtheet op der Säit vun der Musek geschlon. Esou huet d'Trupp och all Jor fir Chrëschtdag hir éischt Virstellung fir dësen Traditiounsveräin ginn. Hir Devise wor „Mat vill Witz an Humor de Leide Freed a Spaass maachen". Gespillt gouf ufanks am ale Veräinshaus vun der Kierchefabrik, wat an den 20er Jore gebaut gi wor a wou eng Rei Veräiner hire Sëtz haten, wou och de Kaploun Marcel Beck gewunnt huet, nieft de Gebailechkeeten vun der fréierer Clausener Brauerei. Duerno ass am Danzsall Pfeiffer-Peiffer, wat spéider de Sall Melusina ginn ass, gespillt ginn.

D'Trupp huet zwar net nëmme Stécker vum Fritz Weimerskirch gespillt, mä et kann ee bal sécher sinn, dass hien iewer iwwerall d'Fangere mat am Spill hat.

E puer Nimm vun der Sektioun: Emilie Kieffer-Worré, Henriette Ubrig, Kätty Patra-Henin, Anna Goetzinger-Schmitz, Maggy Weimerskirch-Hochmuth, Hilaire Becker, J.P. Kremer, Pir Goetzinger, Willy Arendt, J.P. Schweig, Albert Haag, Charel Ripp, Jang Wagener, Hedy Wisofsky an nach anerer; als Stëmmungsmécher an

als Begleeder um Piano nennen ech virum Krich ënner aneren de Pir Théato, nom Krich haaptsächlech den Henri Kieffer.

Een, deen zum Staff gehéiert huet, wor mäi Papp, zwar net op der Bühn, mä an der Keess. Mat Ae vun engem Spuervull huet en opgepasst, dass keen erakomm ass deen net bezuelt hat. Op deem Gebitt wor net mat him ze spaassen. Der Musek huet kee Frang dierfen duerch d'Latte gon. Hien hätt dat mat sengem Gewëssen net verquësst kritt.

Wéi ech mat der Koppel Anna a Pir Goetzinger iwwer déi Zäit geschwaat hunn, konnt ech mierken, dass si zwee sech haut nach mat Freed un d'Operett „Tëschend zwee Feier" vum Pol Albrecht, déi 1937 gespillt ginn ass, beschtens erënneren.

Am Jor 1954 gouf an der Musek e sëlwer Jubiläum gefeiert, an dat mat der Koppel Kätty a Jang Olinger, déi deemools zënter 25 Jor op den „Brieder, déi d'Welt bedeiten", stongen. Et gouf wuel kee

D'Joffer Marie Madeleine (1932)

Stéck gespillt, wou dës sympathesch Koppel net mat op der Bühn dobäi wor. Den Norbert Pfeiffer huet deemools am Numm vun der Theatersektioun geschwaat a ganz amusant Erënnerungen aus de Prouwen, vun den Opféierungen a pikant Detailer vun hanner de Kulissen zum Beschte ginn. Dass de Wef (Weimerskirch Fritz) bei dëser Feststonn och zu Éiere koum, brauch wuel net extra betount ze ginn. Wor et jo net hien, deen zu gudder Lescht a ganz witzege Wierder aus den Ufanksjore vun der Sektioun Erënnerunge verzielt huet.

Theater spille besteet aus zwee Deeler. Déi eng Säit ass déi, déi d'Leit kënne bewonneren, wann dat fäerdegt Stéck op der Bühn opgefouert gëtt. Dat ass, wann alles klappt, dee flotten, agreablen Deel. Déi aner Säit dovun ass déi vun de méintelaangen nervenopreiwende Prouwen, vun de Bühnenaarbechten, vun der administrativer Aarbecht, déi dozou gehéiert, a vum finanzielle Réckkräiz, dat muss fonnt ginn.

Wann ee bedenkt, wi vill Fräizäit d'Akteure vun den „Amis de la Scène" Jor fir Jor opbruecht hunn, wéi verwuess se wore mat der Musek a mat guddem Lëtzebuerger Theater, a wat fir eng Freed dat hinne gemaach huet, de Clausener Leit dëse Spaass unzebidden, da muss een den Hutt ofdinn an hinnen den néidege Respekt, och haut nach, bréngen.

F. T.

 Cette page a été offerte par Mme Ketty Haag-Schellberg, Fondation Pescatore

Den Théato's Pir

De Minnesänger vun der Consolatrix

Eng weider Persoun, déi am Clausener Veräins-, Museks-, an Theaterliewen eng wichteg Roll gespillt huet, wor deen um Gebitt vun der Musek héich dotéierte Pir Théato, mäi Groussmonni. Säi Papp wor de Schlässer Laurent Théato (1854-1926), seng Mamm d'Suzanne Muller (1855-1930). Si hunn a Clausen gewunnt, 1, Trierbergstraße (haut Tour-Jacob-Strooss). Dës Koppel hat zwee Kanner, eng Duechter Marguerite (1880) an e Jong, Jean-Pierre, genannt Pir (1891). De Pir Théato ass a Clausen an d'Primärschoul gaang, zu där Zäit wéi och de Robert Schuman déiselwecht Bänken do gedréckt huet.

Am Conservatoire begéine mer de Pir Théato am parallele Studium mat dem Henri Pensis a mat dem Albert Thorn. A mir kënnen et roueg son, de Pir Théato huet et an der Musek ganz lacker mat dëse spéidere bedeitende Lëtzebuerger Museker opgeholl.

Hie wor schon als jonke Mann Member vun der lokaler Museksgesellschaft a vun 1918 bis 1926 Dirigent vun der Clausener Fanfare. Hie wor den eenzegen Dirigent vun dëser Musek, deen aus dem Veräin selwer ervirgong. Duerch fläissegt Schaffen un sech selwer an duerch en erfollegräichen Ofschloss vum Stater Conservatoire huet hien säin Talent voll kënnen entwéckelen. Ënner senger Féierung konnt d'Clausener Musek sech op engem ganz respektable Niveau halen. Dat wor zur Zäit vum 75. Gebuertsdag vum Veräin am Jor 1926, e Fest, wat mustergülteg organiséiert wor ënner der



Eng Partitur vum Komponist Théato

Presidentschaft vum Här Nicolas Muller, ënner deem (1921-1929) de Veräin e glécklechen Opschwonk erlieft hat.

De Pir Théato wor och eng Zäit laang Dirigent vun der Neiduerfer Musek. Fir d'Konsekratioun vun der Kierch vum hellegen Henri am Neiduerf, de 15. Juli 1923, huet hien eng Kantat mat instrumental Begleedung komponéiert.

De Pir Théato huet muench Texter vum Fritz Weimerskich a Musek gesat. Esou hunn ech Saachen erëmfonnt wéi de Commisjonär, de Gepäckdréier, d'Operett „de bloe Méindeg", „Drohtspëtzenzëll" asw.

Och nach aner ganz lëschteg Lidder huet de Pir komponéiert, wéi z.Bsp. „Frësch gesongen, Kaarschnatz, Doheem" asw.

Et gëtt bestëmmt nach aner flott Kompositioune vun dësem Meeschter, an de Schreiwer vun dësen Zeile wier frou, wa se erëm entdeckt kënnte ginn. Eemol zevill kulturelle Patrimoine aus onse Vir- an Ënnerstied ass einfach an der Versenkung verschwonnen an nimools méi zum Virschäi komm. An dat ass bedauerlech.

De Pir wor bei den Opféierunge vun den Theaterstécker selbstverständlech Begleeder um Piano. Selwer wor en och alt aktiv bedeelegt, wéi bei engem Szenespill vum Henri Pensis, wat a Clausen opgeféiert gouf.

De Pir Théato wor vu Beruf Typograph an der St.-Paulus-Dréckerei. Hie wor bestuet mat dem Anne Thibo vun Eech an huet spéider um Verluerekascht gewunnt. De Stot hat véier Kanner: Ferdy (1921), Josy (1923), Marguerite-Susanne (1927) an Marie-Anne Josée (1935).

Dem Pierre Théato seng ganz Fräizäit wor mat Musek ausgefëllt. A ganz jonkem Alter schon huet hie vun 1909 bis 1914 den Cäecilieveräin aus senger Gebuertsuertschaft Clausen dirigéiert, wou en d'Funktioun vum Organist hat. Duerno wor hien an derselwechter Funktioun an der Porkierch am Stadgronn, wou hie bis 1920 bliwwen ass. An där Zäit ass d'Plaz als Kantor an der Kathedral fräi ginn an de Pir Théato krut déi Plaz ugebueden. 52 Jor laang sollt hien dës héich éirevoll Missioun erfëllen. Dernieft huet hien zäiteweis d'Fanfaren aus Clausen an aus dem Neiduerf dirigéiert, grad esou de Chouer an der Paterekierch. Am Jor 1932 begéine mir hien als „Directeur du Cercle amical Clausen".

De Pir Théato mam Albert Leblanc
op der Kathedralsuergel

Esouwäit ons bekannt ass, huet den Pierre Théato zwee Wierker fir d'Fanfare komponéiert:

E Prëssessiounsmarsch „Gloire à la Sainte Vierge" (Opus 6);

Eng „Cantate aufgeführt bei Gelegenheit der Konsekration der Neudorfer Kirche" (1923) mat Begleedung fir Blosinstrumenter.

Hie wor iwwerhaapt e grousse Muttergottesveréierer, mir gesinn dat a sengem spéidere Liewen.

Zweemol huet hien an der Niklooskierch (Kathedral) fir eng länger Zäit de Cäecilieveräin dirigéiert, e ganzt Jor laang huet en do d'Plaz vum Organist iwwerholl. Hien hat eng herrlech voll Basstëmm. E phantastesche Choralsänger, gefillvoll an andächteg. Jidderee wor ergraff vu sengem Gesang. „Die Choralnoten rutschen ihm ölglatt aus der Kehle, er legt in seinen Sang, wie es sich für einen ordentlichen Kantor ziemt, Gefühl und Andacht hinein, dass, wer ihn hört, innerlich ergriffen wird und sich in Ehrfurcht neigt vor dem Geschehen am Altare. Man merkt, was der Mann Gottes da singt, davon ist sein Herz voll, strömt ihm der Mund über." (Brochür vun der Maîtrise 1969)

De Kantor Pir Théato

De strengen a gerechte Chouerdirigent

Mä hien huet sech net erniddregt gefillt, am Kathedrals'-chouer ënner aner Dirigenten ze sangen, neen, bei fënnef verschiddene Musekerfrënn huet hie gären an opriichteg ënnerdéngeg matgeschafft, dem Abbé Dominique Heckmes, dem Dr. mus. J.P. Schmit, dem Paul Sonntag, dem Abbé Marcel Steinmetz, an dem Abbé René Ponchelet. Zweemol wor hien Interimsdirigent, fir d'éischt ier den J.P. Schmit mat sengem Museksstudium am Ausland färdeg wor (10.10.35 bis 24.9.36) a fir zweet, wéi dëse selwechte Mann nom Krich nach am Exil wor (Péngschten 1944 bis 1.4.1945). Wann ee vun den Dirigenten aus irgend enger Ursaach verhënnert wor, op de Pir Théato wor Verlooss, an als Ramplassang ëmmer gläich bäi Hand.

Sei laangjäregt Schaffen am Déngscht vum Ieweschte Chef a vun der Muttergottes an der Kathedral an an der Glaciskapell huet him den Titel „Minnesänger vun der Consolatrix" abruecht. 40 Jor laang stong hien Dag fir Dag op der Säit vum Doumorganist Albert

Cette page a été offerte par M. Johny Schmidt, membre d'honneur de la Fanfare g.d. de Clausen, clairon d'honneur de la résistance

Leblanc. Seng virbildlech Gewëssenhaftegkeet, säi grousst Kënnen a seng vill Aarbecht um Gebitt vun der sakraler Konscht hunn aus him eng Respektspersoun gemaach. Mä nimools huet hie seng Bescheidenheet verluer a blouf bis zu sengem Liewensenn den einfache Bierger. Als Unerkennung krut hien déi héichste kierchlech Distinctiounen. Eng dovun „Pro Eclesia et Pontifice" soll wéinst hirer extremer Raritéit genannt ginn.

Perséinlech hu mir doheem hie bewonnert. Hie wor immens houfreg op mäin eelste Brudder, Roger Théato, deen um Gebitt vun der Musek e gläichwäertege Partner vu sengem Monni Pir gi wor.

E schwéire Schlag fir hie wor wéi am Zweete Weltkrich säi Jong Ferdi net méi vun der russescher Front zréckkoum.

An der Jubiläumsoktav 1966, wéi hie 50 Jor als Kantor gedéngt hat, huet hien der Muttergottes seng Jubiläumsgof op de Votivaltor geluecht, fënnef schéi Muttergotteslidder: „Léif Mamm; Ave Maria; Der Himmelsmamm; An der Kathedral; Vrum Bild vun der Consolatrix". D'Texter wore vum Jang Thill. Eent vun dëse Lidder ass am selwechte Jor am Studio Edy Noël op enger 45-Touren-Disque ënner der Direktioun vum René Ponchelet, op der Uergel den Albert Leblanc, opgeholl ginn: „Du léif Tréischterin".

De Pir Théato ass gestuerwen no kuerzer Krankheet am Jor 1968 am Alter vu 77 Jor. Hie läit um Neiduerfer Kierfech begruewen. Hei e puer Wuert aus der Ried, déi de Kathedralspaschtouer Fritz Rasqué am Läichendéngscht iwwer dee Verstuerwene gesot huet:

„De Pierre Théato stong e Liewe laang am Déngscht vun der gudder Saach, vun der sakraler Konscht, vu Gesang a Musek, vu Gott, vun der Kirech a vun der Muttergottes. Fir d'Por vun Niklos ass säin Heemgank eng schwéier Prouf an e grousse Verloscht."

D'Clausener Musek dierf houfreg drop sinn, dass aus hire Reien esou en dichtege Personnage ervirgaangen ass.

F.T.

Den Augustin Wilhelm

Eng Perséinlechkeet vun internationalem Ruff.

„Im Juni 1851 erließen einige Clausener Musikfreunde, mit Hrn. A. Wilhelm an der Spitze, einen Aufruf an alle kunstbeflissenen Einwohner zwecks Gründung einer Musikgesellschaft."

Esou steet geschriwwen an der Chronik vun der Clausener Musik: „Den Här Augustin Wilhelm". Mir ginn iwwer dëse Mann net ganz vill gewuer, ausser dass hien de Grënnerpresident wor a säi Posten un der Spëtzt vum Veräin bis 1863 gehalen huet.

De President Augustin Wilhelm (deen och Kommandant vun de Pompjeeë wor) huet de Mérite, dass hien der Musik Instrumenter verschaaft huet. De Guill Hartmann, President vun 1953 bis 1969, huet dat an enger Brochür vun de Clausener Pompjeeën 1964 aktéiert:

„Am 22. August 1852: Ankauf von Trompeten und anderen Musikinstrumenten, die vom Commandanten persönlich von Wiltz nach Luxemburg transportiert wurden."

Dat ass alles?

An dach ass dëse Mann, den Augustin Wilhelm, fir Clausen eng bedeitend Perséinlechkeet, mä déi Eier, déi him a sengem Faubourg zousteet, geet niergens esou richteg ervir. Et ass bal net ze verston, dass d'Famill Wilhelm, déi 100 Jor laang eng Roll gespillt huet, esou vergiesserlech behandelt gouf. Duerfir wëlle mer dat nohuelen. An déi selwecht Rubrik gehéiert iewer och säi Jong Auguste Wilhelm.

Cette page a été offerte par Electricité Reisch SA, rue Philippe II, Luxembourg

Den Augustin Wilhelm (1806-1876) an den Auguste Wilhelm (1844-1915) hunn a Clausen eng immens bedeitend Grousgiertnerei mat Bamschoule bedriwwen, déi virun engem Jorhonnert wäit iwwer d'Grenze vun onsem Land eraus bekannt woren.

A ganz Clausen erënnert guer näischt méi un dës Entreprise. De Numm Wilhelm ass als Stroossennumm zwar dokumentéiert duerch de Félix Jules Wilhelm (1866-1942). Dat wor e ganz illustre Mann, Geschichtsprofesser a spéider President vun der „Section historique de l'Institut grand-ducal". Säi Gebuertshaus ass dat selwecht wéi dem Robert Schuman säint an der Strooss, déi de Numm „rue Jules Wilhelm" dréit. Mä de Jules Wilhelm wor e Neveu vum Augustin Wilhelm, de Jong vu sengem Brudder Jean, genannt Jean-Pierre Wilhelm. Hien hat mat där uewen ugedeiter Entreprise näischt ze dinn.

Eeler Clausener Awunner hunn alt nach vum fréiere „Wilhelmsgaart" geschwat. Wéinstens e klengen Hiweis. Mä vill ass een doriwwer net gewuer ginn. An der Broschür vun der Clausener Musek vun 1951 fanne mer eng Illustratioun „Le plateau Altmünster et les jardins ‚Wilhelm' vers 1860".

Wann een de Clausener Bierg erof kënnt ass et deen Terrain, deen op der lénkser Säit hanner der Eisebunnsbréck (Ënnerféierung) en etlech Meter méi déif wéi de Clausener Bierg läit a fréier bis erof un d'Uelzecht gereecht huet. An de Geschichtsbicher nach bekannt als „Dominikanergaart", well heirëmmer fréier d' Domini-

Eng intressant Vue ier d'Festung geschleeft wor

kaner bis zu der Franséischer Revolutioun Gaardebau bedriwwen hunn. D'Dominikaner hate bekanntlech vun 1292 vum Grënner, dem Grof Hari VII. an der Grofin Beatrix, d'Recht kritt, hiert Klouschter do ze bauen. Dëst Klouschter stong dunn bis zu senger Zerstéierung den 12. März 1543 op dëser Plaz no bei der Buerg. Ënner deem éischte Bréckepeiler vum Hondhausviadukt läit de Chouer vun der Klouschterkierch nach am Buedem, liese mer beim J.P. Koltz. Wéi d'Dominikaner sech duerno um Fëschmaart niddergelooss hunn, ass d'Klouschter un de Grof Mansfeld, dee Steng gebraucht huet, verkaaft ginn (1563). Deeler vum Terrain si spéider u privat Leit an un d'Kongregatiounsschwësteren (1628), déi an dem Margarethen-Hospiz „Im Hondhaus" eng Schoul ageriicht haten, „um jungen Mädchen das Schreiben und Lesen und andere tugendhafte Übungen beizubringen" (spéider Ste-Sophie), verkaaft ginn. E puer Jor duerno, 1634, sinn des Terrainen erëm un d'Pateren zréckkomm, an an de Gäert hunn se Uebst, Geméis an Happ ugeplanzt. Déizäit eréischt ass deen ons nach bekannte Renaissancebou am „Klouschterwee (Sentier de l'Espérance) gebaut ginn. D'Dominikaner konnten hir Terrainen a Clausen bis zu der Franséischer Revolutioun behalen a fir hir Zwecker notzen.

An den Archive vun der Nationalbibliothéik fanne mer, dass de 14. Februar 1797 (26. Pluviose An V) d'Propriétéit verkaaft gëtt. „Une petite maison avec jardin potager et verger de deux journeaux, près de la porte du Château". (E „Journal" ass eng fréier Mooss vun enger Fläch, si bestëmmt d'Quantitéit vun Terrainen, déi e Mann an engem Dag ka plouen). Et gëtt ugeholl, dass den definitive Verkafsakt vun dem Terrain am Jor 1810 geschriwwe gouf.

Am Kadaster gi mer am Jor 1824 déi nei Propriétäre gewuer. Et sinn déi zwee Giertner Mathias-Wenzeslas Terwoigne an Augustin Wilhelm aus Clausen. Den Terwoigne hat e Jong (1805-1827) an eng Duechter. Dës Duechter, Marie-Anne, huet 1827 den Augustin Wilhelm bestuet. Si ass a jonkem Alter am Jor 1830 gestuerwen. Aus dësem Mariage gouf et ee Kand, Anne-Marie, mä





N° 61. — 1850—1860.

ÉTABLISSEMENT D'HORTICULTURE

DE

AUGUSTIN WILHELM,

A CLAUSEN (Faubourg de Luxembourg).

CATALOGUE GÉNÉRAL

des arbres fruitiers, arbres et arbustes,
conifères, rosiers et plantes vivaces.

Mises 1858—1859.

Kunſtgärtnerei-Anſtalt

von

AUGUSTIN WILHELM,

in Clauſen (Vorſtadt Luxemburg)

Allgemeines Verzeichniß

der Obſtbäume, Zier-Laubbäume und Sträucher.
Coniferen, jungen Pflanzen,
Roſen und perennirenden Blumen.

LUXEMBOURG — [illegible]

1859

Titel des 1859er Kataloges von Augustin Wilhelm

Original in der Nationalbibliothek

An der Fassad vum Haus Nr. 53 an der Clausener Strooss fanne mer e wäertvolle Sockelsteen erëm, dee fréier an der Kapellchen, Eckhaus Mansfeld- a Clausener Strooss stong. An dësem Steen ass d'„Abendmahl" agemeesselt. Um Stee stong d'Kräiz.

et ass am Alter vun e puer Jor scho gestuerwen. Esou konnt de Wilhelm spéider Ierwe vun där ganzer Propriétéit ginn.

Den Augustin Wilhelm ass den 28. März 1806 a Clausen, am Haus „A Wonesch“ gebuer (Café Parc Mansfeld, act. Britannia Pub). Seng Eltere woren de Woner Pierre-Auguste Wilhelm aus Clausen an d'Marianne-Anne Niederkorn vum Weimeschhaff. „A Wonesch“ ass d'Haus, wat um Eck Mansfeld- a Clausener Strooss stong. Et wor ëmmer e Café dran, an op dëser Plaz huet d'Giertnerbrudderschaft, déi 1808 gegrënnt gouf, sech versammelt. Hei huet de jonken Augustin Bekanntschaft mat der Giertnerei a mat Leit aus der Brudderschaft gemaach. Hei gouf hie marquéiert. Hei huet hien den Terwoigne kenne geléiert, well dee wor Matgrënner vun der Giertnerbrudderschaft.

Dat aalt Haus „a Wonesch“ (spéider Pommerelle) ass am Jor 1936 ofgerappt ginn. Haut steet op dëser Plaz e schmockt Haus mat engem typeschen Eckfassadenelement, a mat der Kapellchen an der Fassad am Rez-de-Chaussée, gebaut vum ganz dichtege Lëtzebuerger Architekt Victor Engels (1892-1962). D'Kapellchen ass leider net méi am originalen Zoustand, well dat schéint Kräiz, um Sockel wor d'Abendmahl skulptéiert, net méi do ass. Dëse Sockelsteen kënne mer an der Fassade vun der Apdikt, 53 Clausener Strooss erëmfannen. Wéi en dohinner koum, wësse mer net.

Den Augustin Wilhelm hat nach zwee Bridder, op déi mer an dësem Bäidrag net weider aginn.

Iwwer dem Augustin Wilhelm seng Léier a seng Studien ass näischt gewosst. De Charles Arendt, Statsarchitekt, dee säin Noper op Almënster wor, schwätzt a senger „Porträt Galerie hervorragender Persönlichkeiten“ aus dem Jor 1904 vun „vorher erworbenen gründlichen Fachkenntnissen“. Hei wor e grousse Fachmann um Wierk. Weider schreift de Charles Arendt nach vun „seinem klaren Geschäftsgeist und seiner Rührigkeit“.

D'Behaaptung, déi seet, säi Betrieb wier gewëssermoossen d'„Pépinière“ vun der Lëtzebuerger Giertnerschaft gewiescht, dierft

D'Haus Wilhelm
am Clausener Bierg

net vun der Hand ze weise sinn. An dofir gëtt ugeholl, den Augustin Wilhelm wier, no senge Studien am Athenäum, an eng Kgl. Nidderlännesch Gaardebauschoul gaangen, fir seng Ausbildung ze kréien. Oder wor e vläicht an engem gréissere flammännesche Blummenzentrum an der Léier? Oder a Frankräich? Kee weess et!

Eent steet fest, seng vun Erfolleg gekréinte berufflech Carrière huet hien zesumme mam Mathias Terwoigne ugefaangen. Hien ass de 15. August 1829 als Member vun der Giertnerbrudderschaft opgeholl ginn. Schon am Jor 1830 huet den Augustin Wilhelm säi Geschäft staark vergréissert. Nieft der bescheidener Konschtgiertnerei ass um Fetschenhaff eng Bamschoul entstan, déi et an sech hat. Besonnesch an der Pomologie, der Wëssenschaft vun den Uebstbeem, stong hie virop an huet den Toun uginn. Seng gutt Renommée huet, wéi schon ugedeit, wäit iwwer d'Grenze vun onsem Land gereecht, an dat wollt déizäit eppes heeschen.

Am Jor 1839 grënnen den Augustin Wilhelm a säi Schwéierpapp Mathias Terwoigne d'„Société d'horticulture", wat spéider d'„Société d'agriculture" gouf. An engem Regierungsbericht aus

dem Jor 1841 steet geschriwwen, ënner anerem, „dass Herr Wilhelm jedes Jahr Millionen vom Bäumchen aussät und vertreibt“. Dat verschléit engem den Otem!

Dat ass ganz einfach enorm. An der Nationalbibliothéik kann een nach en etlech Kataloge vun der „Kunstgärtnerei-Anstalt Augustin Wilhelm“ aus de Joren tëscht 1840 an 1870 gesinn an am „Allgemeinen Verzeichnis“ liesen, wat alles esou gezillt an ugeplanzt gouf: „Obstbäume, Zier-Forstbäume und Sträucher, Coniferen, junge Pflanzen, Rosen und perennirende Stauden (arbres fruitiers, arbres et arbustes, conifères, replants, rosiers et plantes vivaces)“. D'Aan ginn engem iwwer an et kënnt een aus dem Staunen net eraus, wann een déi voluminéis Kataloge studéiert an déi fachmännesch Explikatioune liest. An engem anere Katalog gi „Glashauspflanzen, Sortiments-Blumen, neue Rosen, Sämereien und Spargelpflanzen“ ugebueden. Hei wor e wierklech grousse Fachmann um Wierk.

Am Katalog vun 1855 liese mer zum Beispill:

„Ich halte zur Verfügung der Herren Gutsbesitzer einen Landschaftsgärtner, sowie geübte Gärtner, welche sich mit Anlagen von allen möglichen Gärten, Gewäckshäusern, etc beschäftigen. – Auch bin ich durch meine fortwährenden Verbindungen in den Stand gesetzt, Gärtnerstellen mit gut ausgebildeten Subjekten zu versehen. Englische, französische, holländische und deutsche Correspondenz wird geführt.“

Den Augustin Wilhelm hat seng am Ufank bescheide Bamschoul weider vergréissert. Am Jor 1842 wor hie Besëtzer vun engem Terrain vu 36 Ar am Neiduerf a vun 3,54 ha um Fetschenhaff. Hei hunn dem Terwoigne och nach 3 ha gehéiert, alles an der Emgéigend vum Kierfech. Dat woren zesumme 6,5 ha, op deene geplanzt gouf. Dobäi huet en nach Terraine gepiecht, déi u seng Propriétéit gestouss hunn.

De Mathias-Wenzeslas Terwoigne ass am Jor 1870 gestuerwen.

Aus enger Zielung aus dem Jor 1862 gesi mer, dass den Augustin Wilhelm deemools 65 Leit beschäftegt hat. Am Verglach mat anere Giertnereie mierkt een d'Importenz vum Betrieb. De Johann Backes aus Clausen an de Mathias Bové aus dem Reckendall hu mat 5 Mann geschafft, den Antoine Kremer aus dem Pafendall an de Franz Soupert vum Lampertsbierg mat zwee Mann, de Jos. Soupert mat engem Mann. Den Antoine an de Joseph Wenandy an de Mathias Thewes aus dem Clausenerbierg hate keen Aarbechter.

Den Augustin Wilhelm wor eng stadbekannte Perséinlechkeet an huet och am ëffentleche Liewen eng grouss Roll gespillt. Am Jor 1845 ass hien an de Gemengerot gewielt ginn, wou hien 18 Jor laang als Conseiller figuréiert huet. Hie wor vun 1847-1861 Member vum „Unterstützungskomitee des Armenbüreaus" (haut Office social).

Um gesellschaftleche Plang wor hien nieft senger Fonktioun als President vun der Clausener Musek och vun 1853 bis 1861 Pompjeeskommandant vun den Ënnerstied.

Nach en Zitat vum Charles Arendt:

„Gegen jedermann freundlich und zuvorkommend, gegen seine Arbeiter stets wohlwollend und gerecht, erfreute sich Wilhelm allgemeiner Sympathien und Hochachtung. Er verschied, tiefbetrauert, in Clausen am 3. Juni 1876."

Aus sengem zweete Bestietnes mat der Marie Huberty vu Nidderaanwen hat de Wilhelm véier Kanner. Dräi Meedercher an e Jong:

Joséphine; Eugénie; Catherine an Auguste.

Seng eelst Duechter Joséphine gouf bestuet mam Jean-Pierre Joseph Koltz, Grousspapp vun onsem bekannten an héich spezialiséierte Festungsfachmann Jemmy Koltz. Aus der Festbroschür vum 150. Jubiläum vun der St.-Fiakrius-Giertnerbrudderschaft aus dem Jor 1958 stamen esou muench Renseignementer aus dësem Artikel. Ech perséinlech hunn de Jemmy Koltz gutt kannt, als Member vun der Bautekommissioun héich geschätzt, mä besonnesch well hien och Relatioune mam Pafendall hat, wou d'Koltzenhaus haut nach steet (1, rue Laurent Menager). Als faszinéierte Nolauschterer vum J.P. Koltz souze mer dacks stonnelaang zesummen, ganz dacks beim Zeutzius um Kéibierg, wou hie Stammgaascht wor. Wien d'Stad wollt kenne léieren, koum net laanscht de Frënd Jemmy. Him sinn ech en éiwege Merci schëlleg.

Den Auguste Wilhelm

Nom Doud vum Augustin gouf de Betrieb, deen a voller Blói stong, iwwerholl vu sengem Jong Auguste, zesumme mat der Duechter Eugénie. Si hunn d'Geschäft nach weider ausgebaut. An de Joren 1878 bis 1914 huet den Auguste Wilhelm um Fetschenhaff an am Neiduerf nach 11,6 ha Terrain bäikaaft. Hien huet zu där Zäit méi wéi 100 Leit beschäftegt. Em d'Enn vum 19. Jh. sinn dem Wil-

Cette page a été offerte par Arthur Welter Transports sàrl, Leudelange

helm seng Bamschoulen als eppes Extraes, Kuckeswäertes an de „Guides touristiques“ ernimmt ginn.

Et ass dem Auguste Wilhelm säi Verdéngscht, dass den heitegen „Tavioun“ als Verbindungswee bis op de Fetschenhaff gebaut resp. ausgebaut ginn ass.

Den August Wilhelm ass 1864 an d'Giertnerbrudderschaft opgeholl an 1873 als President gewielt ginn. Dëse Posten huet hie bis 1914 besat, bis hien aus Gesondheetsgrënn zréckgetrueden ass. Hie gouf eestëmmeg zum Éierepresident ernannt.

Während senger Présidence ass dat 90. Stëftungsfest vun der Giertnerbrudderschaft zesumme mat sengem 25. Jubiläum als President gefeiert ginn.

Den Auguste Wilhelm huet sech net esou wéi säi Papp um ëffentleche Liewe bedeelegt. Hien huet sech ausschliesslech ëm seng grouss Plantatioune gekëmmert. Dobäi gouf hie gestäipt vu senger Schwëster Ugenie, déi eng ganz bemierkenswäert Geschäftsfra wor. Si haten alle béid de Statut als Jonggesell behalen.

Den Auguste Wilhelm ass den 9. Juni 1915 gestuerwen. Et wor kee Successeur do, an esou huet dann dësen importente Clausener Betrieb seng Diere mussen zouman. D'Joffer Ugenie ass am Jor 1920 verscheed. D'Planzen, déi nach do woren, si fir d'Riesenzomm vu 75000 Goldfrang verkaaft ginn.

D'Clausener Wilhelmshaus steet net méi. Haut steet do e Ronnbau, („Résidence La Tour“), dee vun den Architekte Paul Muller a Fränz Schmit am Jor 1968 gebaut gouf.

Bis un den Hondhausviadukt huet op der riedser Säit vum Klouschterwee e ganz schéin ugeluechte Gaart mat Beem, Hecken a Sträiss bestan, an deem ganz seelen Exemplare vu Planzen dra gewuess sinn. An der Mëtt vum Gaart konnt een e grousst Vullenhaischen gesinn, wou d'Joffer Eugénie wäertvoll Fasane geziicht huet. Op der lénkser Säit vum Wee woren d'Pakraim an eng Déngschtwunneng. Déi zwee verwëlleft al Kelleren, déi nach Zeie vum Dominikanerklouschter sinn, hunn als Ofstellraum gedéngt.

An den zwanzeger Joren huet deen neie Proprietär, d'Schräinerfamill Haag, déi vu Péiteng koum, an de fréiere Pakraim hiren Atelier ageriicht.

An den 30er Joren ass d'Propriétéit Wilhelm un d'Entreprise de construction Mathias a Curt Becker vu Saarbrécken, déi e Büro um Boulevard de la Pétrusse haten, verkaaft ginn. En etlech Wunnhaiser, déi zwar vun ästhetescher an architektonescher Säit gekuckt där fréierer Konschtgiertnerei keng Éier man, sinn an de Joren 36-38 dohinner gebaut ginn, op Plange vum Architekt Jules de Malaise.

Haut kann een näischt méi vun dem Wilhelmsgaart gesinn. Dëse Bäidrag soll eng Erënnerung un dës fir Clausener Verhältnisser esou wichteg Entreprise duerstellen.

F.T.

Béier a Béierfestival

Wat ass Clausen ouni Béier?

Ech wier menger eegener Linn net trei a géing de Respekt u mäi Papp net éierlech mengen, wann ech d'Thema Béier a mengen Erënnerungen net géing an Ugréff huelen. Mäi Papp huet ëmmerhin 40 Jor laang an der Funck-Bricher-Brauerei am Stadgronn geschafft an ech si mam Béier grouss ginn. Well de Béier ass ons doheem ni ausgaang. Et ass selbstverständlech, dass alles, wat mat Béier a mat Brauereiwiesen ze dunn hat, bei ons, nieft der Musik, e gängegt Thema wor. Ech hunn och a jonke Joren dierfe matgon, d'Brauerei besichen a konnt iwwer alles matschwätzen, wat dozou gehéiert huet. Vun Happ a vu Malz, vun der Gärung, vum Filtréieren, vum Sudd, vun der Béierhiew, vum Piche vun den Holzfässer. A vum Béier. An als jonke Borscht eng genësseg kill „Meeschterbock" mat Kennerminn d'Strass eroflafe loossen, dat huet onserengem gutt gedoe bis an d'deck Zéiwen, zumools wann een sech virgestallt huet, et hätt een eng Strass wéi eng Giraff.

D'Resultat vun dëser béierkultureller Bezéihung ass, wéi kënnt et anescht gi sinn, en echte Gambrinolog.

clausen
LUXEMBOURG

De Clausener Béier (Wef)

Refrain: Drénk drénk Dréngelchen,
Bass dengem Papp säi Jéngelchen,
Drénk drénk Dréngelchen,
Bass dengem Papp säi Jong.

Ufanks konnte mir blous drénken,
un de Kascht huet een deemools ni geduecht,
spéider koumen dunn d'Bedenken,
dass ons Pappen de Béier héich geuecht.
Schon als Bouf gong een dru lecken,
well dee Gottesdronk schmaacht,
mä 't schued dach kees.
Fir d'Gesondheet hieft keen Zécken,
duerfir sangt mat ons all am Krees.

'Tsinn der do déi sech vill kränken,
well se al ginn, mir aner man dat ni,
vun ons deet sech keen erhänken,
wann et reent huele mir ee Prappeli.
Sou laang d'Clausner Béier maachen,
deen am Himpche laacht, sech mam Mo verdréit,
dobäi prima ons deet schmaachen,
't weess jo keen wat scho muer ons bléit.

All déi Béier drénke stierwen,
déi keen drénken, déi bleiwen och net hei,
't darf ons keen d'Geloscht verdierwen,
onsem Béier deem bleiwe mir trei.
Clausener Béier niert, mécht kräfteg,
't wier eng Schan wann der géingt verson e Patt,
well hie mécht behänn a lëschteg,
duerfir drénkt dach a sangt all mat.

Mä wat huet dat alles mat Clausen ze don? Ma fir op d'Thema vum Béierfestival „Gambri-Melusine" ze kommen. Dëse Festival, deen um Fouss vum Bock, am Schluechtwee (rue du Fort Olisy), an engem riesege Festzelt a Verbindung mat de Bockkasematten organiséiert wor. Vun der Clausener Musik, dem Turnveräin an dem Foussballveräin Mansfeldia 1919. Eng Monsterorganisatioun. Den engagéierten an allersäits beléifte President a Matgrënner vun dësem Béierfest wor den Här Jos Hansen. All bedeelegt Veräiner hunn op d'mannst 5 Memberen an den Organisatiounscomité geschéckt. Vun der Musik woren dat am Jor 1964 zum Beispill déi Häre Pierre Goetzinger, Albert Haag, Emile Rodenbourg, Willy Arendt, Henri Hatto a Jos Koenigsberger.

Den Artist PE'L (Péil Schlechter) huet eng flott Publizitéitsaffiche gezeechent, mat engem Ritter am Panzerkleed a mat der Uelzecht-Melusina am stengen Humpen, mat als Hannergrond a schematescher Form de Bock.

Et wor wierklech eng nennenswäert Attraktioun. Am August, wann de Béier esou richteg sëffeg ass. Jiddenfalls esou laang wéi d'Fest ënner dem Bock an an de Kasematten ofgehale konnt ginn.

E flotte folkloristesche Cortège ass vum Stadhaus um Knuedler fortgaang fir d'Fest anzelauden. Op engem gerëschte Won

D'Clausener Musek am Cortège

stongen d'Melusina, déi charmant Prinzessin vum Bock (Mady Winkler) an de Gambrinus, de Kinnek vum Béier. De Gambrinus wor keen anere wéi den onverwüstleche Frënd Albert Haag, mat engem mächtegen Humpen am Grapp. Prost. Selbstverständlech wor sämtlech Prominenz um Dill, virop de Mulles (Emile Hamilius), onse Buergermeeschter. De Schäffe Fernand Koenig, de „Siggi vu Lëtzebuerg", huet natierlech net dierfe feelen.

Aus der Programm-Broschür hei en Auszuch vun engem Artikel, dee mir gutt gefall huet:

„Bier, die vorzüglichste Spezialität unserer Vorstadt“

„Draußen, lieber Freund, ist es warm und schwül. Die Sonne hat dir arg zugesetzt. Ausgeschwitzt sind deine Poren.Um deinen Durst zu löschen, wirst du selbstverständlich nach deinem Biere greifen. Und siehe, deine Mattigkeit wird sofort verschwinden und sich in Wohlbefinden umwandeln.

Auf deinem Tische steht nunmehr, gut gekühlt in einem Humpen, vom sachkundigen Wirte frisch gezapft, mit einem schönen Häubchen bedeckt, dein Durststiller, dein verlangtes Glas Bier.

Du lässt dir dieses prickelnde Nass durch deine ausgetrocknete Kehle laufen, ziehst es durch die Zähne, wirbelst es an den Geschmacknerven deines Gaumens und deiner Zunge vorbei. Dies Bier, fürwahr, es mundet dir. Denke daran, dass das Bier, neben seiner großzügigen Eigenschaft deinen Durst zu stillen, dir noch eine große Menge an Vorzügen bietet, die du bei anderen Getränken vergeblich suchst.

Dir ist bekannt, dass der menschliche Körper zwei Arten von Nahrungsmitteln braucht: die unterhaltenden und die aufbauenden. Die erste Art dient dazu, dir deine stets lebensnotwendige Energie tagtäglich aufzufrischen. Deren Wert drückt man in Kalorien aus. Hauptsächlich bestehen sie aus Zucker, Fettstoffen und Alkohol.

Es sei noch die bekannte Tatsache erwähnt, dass alle im Bier enthaltenen Stoffe kein weiteres Aufbringen von Verdauungsfermenten benötigen, sobald sie in den Magen gelangen.

Mithin ist Bier, auch in größeren Mengen genossen, stets ein sehr verdauliches und bekömmliches Getränk, das für Kranke und Genesende sehr zu empfehlen ist.“

Um Trakter: Emile Rodenbourg.
De Gambrinus: Albert Haag.
D'Melusina: Mady Winkler

Als Konklusioun kënne mer aktéieren:

„La Bière, c'est la Santé!"

Fir Béierstëmmung huet den Orchester vum Festival gesuergt. Extra stengen Humpen gouf et am Béierzelt ze kafen. Et wor e Must dohinn ze gon. An der Caisse souz, wéi den Cerberus virun der Häll, ganz oft, mäi Papp.

D'Béierfest wor eng Clausener Institutioun ginn. Wéi ech ënner dem Fuendel gedéngt hunn, bei der Arméi op der Cap, hate mer zu e puer Kollegen natierlech den onbaarmhäerzegen Driff, op d'Béierfest a Clausen ze gon. De Problem wor, fir onopfälleg zu spéider, respektiv fréier Stonn erëm an d'Kasären eranzekommen. Dat huet musse geplangt ginn, an den Zaldot, dee Piquet an der Puert stong, beaarbecht ginn. Mä dat Wichtegst wor, et huet geklappt. An da wor de Wee bis a Clausen net ze wäit. Nom Motto, „Onse Béier, deen as gutt".

E klengt Gedicht vum Béierfestival:

En Himpchen Béier, muerjes fréi,
dee ka gewëss näischt schueden,
beim Mëttegiessen, eng Fläsch Béier,
ei da schmaacht et nach esou gutt.
A wien eng Fläsch oder e puer Humpen Béier owes drénkt,
ass geschwënn all senge Suergen entlueden,
a schléift nach esou gutt.
Proscht.

Et si, fir d'Fest méi attraktiv ze maachen, verschiddentlech alt emol extra kulturell Organisatiounen gebuede ginn, wéi z.B. am Jor 1963, fir d'1000-Joer-Feier, de Cabaret „Lauter Flautereien" mat vill bekannte Sänger a Kënschtler. Oder „400 Jor Clausener Béier" am Jor 1964.

Cette page a été offerte par Brasserie de Luxembourg SA – MOUSEL-DIEKIRCH

Aus verkéierstechneschen an anere Grënn konnt no e puer Jor d'Béierzelt net méi ënner dem Bock am Schluechtwee opgeriicht ginn. Allem Uschäin no ass dat net esou einfach erofgaangen, wa mer an der Broschür vu 1964 dës Wierder mat batterem Nogeschmaach liesen.

„Die Neider werden diesmal nicht auf ihre Rechnung kommen. Es ist wohl nicht immer gut, im Leben erfolgreich zu sein, denn sonst hätten sich wohl nicht so viele Widersacher auf die Beine gemacht, um dem Gambrinus und der Melusina eins auszuwischen. Da man aus einer schlechten Sache zu jeder Zeit einen guten Prozess machen kann, rückte man den ‚widerspenstigen Clausener' derb mit dem Kadi zu Leibe. Und da Gesetze nun eben das sind, wie sie ausgelegt werden, musste notgedrungen ein Ausweg gesucht werden. Und es wurde auch eine Lösung gefunden, die dem Gesetze Genüge leistet und den Clausener ihr beliebtes Bierfest erhält."

D'Fest ass a Clausen an de Festsall Melusina, spéider an d'Brauerei verluecht ginn. Doduerch huet d'Béierfest leider vill vu senger Attraktivitéit verluer. Et wor net méi datselwecht. Schued. De folkloristesche Cortège ass 1970 fir d'leschte Kéier opgetratt. Eng Traditioun wor um vergon. D'Organisatiounskäschte si geklommen, muench Schwieregkeete sinn opgedaucht a konnte net beréngegt ginn. Et koum eent bei d'anert. Am Jor 1974 huet dëst eemolegt Volleksfest seng Diere bedauerlecherweis definitiv zougemaach.

A wou si mer haut drun? Mä et sollt nach vill méi schlëmm kommen. Wa viru 25 Jor een ons verzielt hätt, dass am Jor 2000 déi lescht Clausener Brauerei hir Dieren géing zouman, wier dee mat eidle Béierfläsche gestengegt an aus Clausen verjot ginn. Keen eenzegen Awunner aus Clausen hätt esou eppes fir méiglech gehalen.

Clausen, Cité de la Bière? Mat Nostalgie a mat Trauer musse mer ons haut d'Fro stellen:

Clausen, an elo? Wou bleiwen deng schéi gambrinologesch Traditiounen? Wou bleiwen deng beléifte Stëmmungsfester? Wéi wäit ass et mat denger jorhonnertaler Béierkultur komm? Dat Ganzt ass net auszedenken!

Musels Pilsen (Wef)

Firwat op Kéip deng Suen heefen,
wann si dech op de Kierfecht schleefen,
sinn der schonn do déi d'Oure spëtzen
an op deng deier Souen sëtzen.
Wat hues de dann du alen Draach?
'Lo ass't nach Zäit, bedenk der d'Saach,
mir stierwen all bal quasi tutti,
an déi net drénken ginn och futti.
Duerfir zéck net a géi een huelen,
der Jomer kann de Räscht dann huelen.
E gudden Himpchen Mousels Pilsen,
geet een net duer, looss alt der vill sënn.

Firwat ganz Zäit nach Schnësser schneiden,
firwat kregéile mat de Leiden,
sou laang nach Mousels Béier maachen,
sou laang deet dir och d'Liewen laachen,
well wann s 't et grad am Fong bedenks,
ass d'Welt net wäert dass du dech kränks,
an duerfir mach der glat keng Suergen,
wann s'de kee Geld hues da géi buergen,
sou laang s'de nach gepufft kanns kréien,
drénk Mousels Béier, d'Gléck deet bléien.

Prost, Gesondheet!

F.T.

D'Famill Rodenbourg

De leschte Bauer aus Clausen

Mat enger gewësser Nostalgie denken ech un dës éirevoll Famill. Den Emile Rodenbourg wor e gudde Frënd vu mengem Papp, an dës Frëndschaft huet sech op Fraen a Kanner ausgebreet. Ech konnt deen eeleren Här Emile gutt gebrauchen. Hien hat e ganz spezielle Charisma. Et konnt een hien och iwwerall gesinn. En engagéierte Clausener Allroundmënsch. Hie wor Kierchepresident, President vum Cäcilieveräin, 75 Jor laang Kierchesänger, Komiteesmember an der Musek, Grënnungspresident vum Clausener Interesseveräin, President beim lokale Pompjeescorps, President vun der Clausener Gemeinschaftsantenn, am Comité vum F.C. Mansfeldia 1919, vum Turnveräin, vum Béierfestival a vum Gaart an Heem. E Pilier vum lokale Gesellschaftsliewen.

D'Famill Rodenbourg ass géint d'Enn vum 18. Jorhonnert vun Nidderkuer a Clausen komm. Deen éischte Member vun der Famill, deen an der Stad registréiert ass, wor de „Jacques Rodenbur", gebuer 1784 zu Uewerkuer. Mir begéinen hien an den Archiven am Jor 1810, wéi e mat der Marguerite Batiste vu Lëtzebuerg bestuet gouf. Als Beruff hat hien uginn „Charon", also een Handwierksmann, dee Kutschen, Ween, Charetten an ähnlech Vehikele gebaut huet. Säi Jong „Jacques Rodenbourg" huet sech am Jor 1859 als „Fuhrmann" ausgewisen, an de Mathias Rodenbourg, de Papp vum Emil, gëtt am Jor 1893 de Beruff „Ackerer" un. Vu wéini genau un d'Famill e Baurebetrib hat, ass net méi nozeweisen. Et gëtt

Déi schéin al Dier vum Haus Rodenbourg an der Jakob-Tuerm-Strooss

ugeholl, dass déi zwee Beruffer Fouermann a Bauer parallel bedriwwe gi sinn. Nieft Vehikelen haten se och Päerd a Rodenbourgs ze verlounen. D'Festung huet mat Sécherheet dofir gesuergt, dass ëmmer genuch Aarbecht do wor. Päerd hat d'Baurewiese Rodenbourg nach bis an d'Joren 1948-1949. Deemools koum en Trakter an d'Haus.

Den Terrain an der Jakob-Tuerm-Strooss a Clausen wor fréier méi grouss wéi mir dat kannt hunn. Bedéngt duerch de Bau vum Eisebunnsviadukt (1858-60) koum e Bréckepilier just op d'Propriétéit ze ston an huet déi dunn an zwee gedeelt.

D'Felder an d'Stécker, ronn 20 ha, louchen all um Kéibierg, an der Héicht vum Kierfecht. Haut ass do praktesch alles verbaut.

Den Emile Rodenbourg ass 1897 a Clausen op d'Welt komm als véiert Kand vu Mathias Rodenbourg-Anna Niedercorn. Vun deene 5 Kanner, déi dës Famill hat, hunn der zwee, Jos an Emile, am Baurewiese geschafft, een dovu gouf Jurist an der Magistratur, eng Duechter gouf bestuet mat engem Här Hengen, an dee Jéngsten, Vic Rodenbourg, gouf Propriétaire vum Garage Peugeot zu Lëtzebuerg.

Den Emile Rodenbourg huet de Betrib a Clausen iwwerholl. Am Jor 1932 huet hien sech mat der Marie Schumacher vu Manternach bestuet. Si krute véier Kanner. Eent dovun ass ganz jonk gestuerwen. Hire Jong Josy ass am Jor 1946, zesumme mat véier aner Clausener Jongen, op eng tragesch, dramatesch Manéier ëm d'Liewe komm, wéi se mat enger Granat aus dem Krich, déi se fonnt haten, gespillt hunn, an déi dobäi explodéiert ass.

D'Nimm vun deene jonke Leit woren:

Jempy Stein,	16 Jor;
Juko Hoffmann,	14 Jor;
Mischi Henckes,	13 Jor;
Viky Schaack,	11 Jor;
Josy Rodenbourg,	10 Jor.

Och eng Säit Clausener Geschicht!

D'Duechter Christine gouf mam Armand Müller bestuet a wunnt zu Péiteng. Den zweete Jong Léon huet zesumme mam Papp de Betrib weidergefouert bis géint Mëtt der 70er Joren. Dunn huet de leschte Bauer aus Clausen säi Betrib agestallt.

Ech hat méi noe Kontakt mam Emile Rodenbourg am Kierchechouer a spéider duerch den Interesseveräin, wou hie mir als ale Fuuss gutt Rotschléi konnt ginn. Ech ka mech u muench interessant Momenter erënneren. Besonnesch un eng androcksvoll Ovatioun vun der Clausener Veräinsententе bei Geleeënheet vum Här Emile sengem 80. Gebuertsdag, eng Feier, op där ech mäi kranke Papp deemools vertrueden hat.

Ech denken nach un d'Chamber- an un d'Gemengewahlen an de 50er-60er Joren, wéi den Emile Rodenbourg op der Lëscht vun der CSV kandidéiert huet. Säin Hannergedanke wor net, fir perséinleche Profit dodraus ze zéien, mä fir iwwer dëse Wee der Lokalitéit Clausen hirer Stëmm an hire Fuerderunge bei Stat a Gemeng méi Gewiicht ze ginn. Als Vizepresident vun der Molkerei Luxlait Lëtzebuerg, als Kantonaldeegéierte vun der Baurenzentral an als onermiddleche Member vu verschiddene Genossenschaften aus dem Baureverband wor hien iwwerall bekannt a beléift.

An hien huet sech nimools gescheit, e gutt Wuert fir aner Leit anzeleeën, wann et geheescht huet, engem eng Plaz op der Gemeng oder beim Stat ze verschafen.

Ech perséinlech hunn eng eemoleg Erënnerung un de Baurebetrib Rodenbourg. Mäi Papp an den Här Emile haten, et muss no enger Prouf beim Patt gewiescht sinn, ofgemaach, dass ech an der grousser Vakanz 14 Deeg mat op d'Feld schaffe sollt goen. „Dat kann dem Bouf näischt schueden, da vergeet him de steiwe Réck an e kënnt op aner Gedanken", huet et geheescht. Grad wéi wann onsereen nëmme Larifari an der Kopp gehat hätt? Ech wor am entdeckungsschéinen Alter vun 13-14 Jor. En Asproochrecht géint dës Décisioun ass et déizäit net ginn.

Abé gutt. Wéi d'Vakanz bis do wor, hunn ech mäi Baluchong dierfe paken a sinn enges guddes Daags muerges fréi an der Jakob-Tuerm-Strooss marschéiert an op Numero 151 ugetratt. Mir sinn op de Kéibierg an d'Grompere gaangen. Mir souzen op engem Leederwon, deen de jonke Bauer a Frënd Léon mam Trakter gezunn huet, mat dobäi woren d'Tiny, d'Duechter vum Haus, d'Mod Lucy a selbstverständlech den Här Emile. Uewen ukomm, ass et gläich lassgaangen.

Ech ginn et ongenéiert zou. Ech hu bei dëser Beschäftigung net vu Gléckséilegkeet an d'Hänn geklappt. Ech wollt mer iewer och keng Blouss ginn. Owes wor ech freckt. Mä eppes weess ech nach ganz genee. D'Nuechtiessen huet aus gebrode Grompere mat Speckgréiwen a Brach bestan. Dat wor e Genoss. Et konnt een sech doduerch iessen. Dat wor nach echte Baurekascht.

Déi ganz Atmosphär, d'Geräischer, de Geroch (hanner dem Haus op engem Meter Distanz woren nach Ställ mat Béischten) hunn eng ganz speziell Impressioun hannerlooss, déi a mengem Gediechtnes hänke blouf.

Deen Dag drop hu mer Gaarwe vu Fruucht op e Koup geschleeft, fir do gedräsch kënnen ze ginn.

Dat alles wor schéin a gutt, mä net fir mech. Well ech muss et ageston. Ech hu keng 14 Deeg ausgehalen. Wann ech mech gutt erënneren, woren et genau 3 Deeg an zwou Nuechten. Ech hat e fierchterleche Kappwéi virgetäuscht, fir aus der Affär do kënnen ze

verduften. D'Madame Rodenbourg wor immens fein an huet mech nach verwinnt, mä ech hat einfach keng Loscht op dës Vakanzbeschäftigong.

Den Emile Rodenbourg ass am Jor 1984 am héijen Alter vu 86 Jor zu Péiteng, wou seng Duechter wunnt, gestuerwen. Hie gouf um Fetschenhaff begruewen. Seng Verdéngschter fir Clausen sinn onermiesslech an onvergiesslech. Op sengem Begriefnes konnte mer mierken, wéi beléift hie wor. Haut wunnt keent vu senge Kanner méi a Clausen. Mä säi Jong Léo ass der Lokalitéit Clausen an der Musek trei bliwwen a feelt net bal, wann eppes do lass ass.

Dat aalt Baurenhaus ass verlooss a stong jorelaang an engem desolaten Zoustand do. Den deemolege Propriétaire, eng Brauerei, soll sech schummen. Als en Zeie vu fréierer Zäit hätt d'Propriétéit Rodenbourg éischter eppes méi Opmierksamkeet verdéngt. Déi schéin al wäertvoll hëlzen Entréesdier ass op éiweg Zäiten verschwonnen.

Haus Rodenbourg

Cette page a été offerte par Jos Goebel-Kirsch,
Vice-président honoraire de la Fanfare g.d. de Clausen, Cents

Sic transit gloria mundi!

Nota Bene:

Am September 2000 ass endlech e Chantier opgaang, fir d'Haus an d'Rei ze setzen. Et ass den Architektebüro ARCO, deen am Numm vun der Société civile immobilière Pizzo aus Clausen dat aalt Haus vergréissert an ëmbaut, fir dass e Restaurant a 5 Wunnengen drakommen.

F. T.

Den Ditz (alias François Burmer)

E ganz spezielle Personnage

De jonken Här Burmer viru sengem Salon

Eng eemoleg Perséinlechkeet mat folkloristeschem Aschlag, déi bei all Geleeënheet vu sech schwätze gedon huet, wor ouni Zweifel den „Ditz“, och alt den „Ditzli“ genannt. Wou dëse Numm hirkënnt oder wat e bedeite soll, hunn ech net eraus-fonnt. Emsou méi schwiereg wor dat, well de Numm an der Famill verieflech wor. Dem Ditz sei Papp, Peter Burmer, Zigarrenarbeiter, bestuet mam Maria Daro, wor nämlech schon den Ditz. Onsen Ditz huet säi Liefdag a Clausen gewunnt, dat heescht vum 21. Januar 1903 bis de 6. Abrëll 1974.

Den Ditz wor aus dem Clausener Alldagsliewen net ewech ze denken. Emmer erëm fir eng Geschichtche gutt. Coiffeur, Wiirt, Musikant, ferwenten Unhänger a Grënnungsmember vum „F.C. Mansfeldia“ 1919, hei louch säin Aktiounsfeld. Eng sonnegfrou Ausstrahlung hat hien u sech a jid-dereen huet hien akzeptéiert an hat e gär. Sei gréissten Nodeel wor, dass hien dat verdeiwelt Mondwierk hat, wat hien ni zou hale

Den Ditz als Luftikus

konnt. An dat wor fatal während de Foussballmatcher vu senger Equipe. D'Begeeschterung huet hien esou wäit matgerappt, dass e sech net méi gepackt huet. An da krut de Schiedsrichter et an alle Fuerwe geblosen. D'Resultat wor, dass den Ditz vum Terrain geschéckt ginn ass. An dat eréischt wor mat enorm vill Gepooters verbonnen.

Anerersäits wor dat Mondwierk zwar nëtzlech an huet sech positiv bemierkbar gemaach, wann et geheescht huet fir säi Veräin Geld anzedreiwen. Op der „Coupe des Fondateurs" vun der Mansfeldia, am Jor 1978, huet de President Jos Hansen vum Ditz gesot „Et wor ee wéi d'Colette Flesch. En ass fechte gaangen. An ass hien vir eraus geflunn, dann ass e gläich drop erëm hannen erakomm. A wann et fäerdeg wor, dann hat hie kritt, a wann et nëmme wor fir ëm lass ze ginn."

An der Musik wor de Francis Burmer laang Joren am Comité. Esouguer bis zum Vize(Witze)president hat en et bruecht. Am Orchester huet hie stéits Bügel geblosen a wor ëmmer dobäi wann et gegollen huet.

Als Bouf hunn ech alt mussen a Clausen bei de Coiffeur gon. Engersäits konnt ech mengem Papp dat net ofschlon, den Ditz wor jo säi Kolleg, anererseits wor ech selwer vum Virwëtz gestëppelt, fir dësen sou oft zitéierte Personnage méi no kennen ze léieren, vun deem ech schon esou vill Droleges gehéiert hat.

De Salon, neen, dat ass iwwerdriwwen, also d'Zëmmer, oder

de Raum, wou déi vu kenger Baang a vu kengen Angschtgefiller virbelaaschte Maanskierelen d'Hor geschnidden an de Baart gemaach kruten, wor a Verbindung mat der Wiirtschaft niewendrun. D'Coiffeursstuff besteet haut net méi. Dëse Raum ass an d'Keelebunn vum Café „Clausener Stuff", (fréier „A Speltzen", duerno „Café Jonas" asw.) integréiert. De Coiffeur konnt aus senger Stuff duerch eng duebel Dier direkt hannert de Comptoir vun der Wiirtschaft kommen. D'Wiirtschaft gouf vun him bedéngt, scho muerjes an aller Herrgottsfréi, vu 5 Auer un, fir d'Schmelz- an d'Brauerei'aarbechter scho kënne virun resp. no der Schicht ze bedéngen an hinnen an aller Vitesse de Baart ze maachen. „D'geet séier, d'geet séier", dat wor säin Ausdrock. Als gudden treie Ramplassang wor den Ditz och am Laf vum Dag an der Wiirtschaft, wa Nout um Mann wor. Et hätt ee kënnen unhuelen, hie wier de richtege Wiirt. Wat zwar zwee Jor laang richteg wor. Hei eng Annonce aus der Broschür vum „Corps des sapeurs-pompiers volontaires Clausen" aus dem Jor 1964:

Café beim Ditz

Fir d'Hoerschneiden a Baartman geet et séier,
Beim Ditz gëtt et och Schnaps, Wäin a Béier,
a fir eng flott amusant Partie Keelen,
soll een sech afannen, a net verfeelen.
Siège social F.C. Mansfeldia.

Den Ditz huet déi zwou Funktiounen, Figaro a Béierzapert, parallel bedriwwen, an dat konnt schon zu ganz kokasse Situatioune féieren.

„Du bass dach dem Franz säin", huet et geheescht. Ganz verschotert koum mengersäits d'Äntwert „Jo, Här Burmer." „Da setz dech dohinn, ech hunn nach e puer Clienten dobanne sëtzen." Do gouf et mengersäits näischt ze maulen. De Meeschter hat geschwat! Et konnt laang daueren, bis een un den Tour koum. Als sou genann-

te Bouf hat een déizäit kee Matsproochrecht beim Coiffeur. Wann déi méi oder wéineger graff Operatioun vun Horschneiden a -rappen eriwwer wor, et gouf een net mat Händschen ugepaakt, da krut een de Kapp nach mat Brillantine ageriwwen. Dat wor eng giel pecheg Mass, déi d'Hor zesummegehalen huet an d'Resultat vum Horschneide verstoppt huet. Eppes wéi Woschmier, et huet just besser gericht. Dogéingt wor näischt ze man, et huet ee sech et musse gefale loossen a wéi eng blénkeg Speckschwaart heem trëppelen.

Eng Geschicht iwwer den Ditz, déi mäi Papp selwer mat erlieft hat a wouriwwer hie sech ëmmer këstlech ameséiert huet wann en se verzielt huet, muss ech onbedéngt zu Blad bréngen.

Am Krichsjor 1944 ass enges gudden Dags en amerikaneschen Zaldot bei den Ditz erakom. Deen hätt gär eng Bross geschnidden an de Baart gemaach. Eng Bross schneide wor fir de Meeschter mat der Schéier eng regelrecht Erausfuerderung. Hien huet op dem Mann sengem Kapp erëmgeschnëppelt, dass et engem gutt gedon huet. De Client huet op eemol gemierkt, wat mat him



De François Théato (Papp vum Auteur) beim Ditz a Behandlung

geschitt ass, huet sengen An net méi getraut an huet säin Onmut zum Ausdrock bruecht mat dem Ausdrock „Oh, Jises Chraist, oh Jises Chraist!“

Duerno huet onse gudde Straupejitzert säi Client ageseeft, fir him de Baart ze man. Et muss zimlech rau erofgaange sinn. Hei op eemol deet den Amerikaner Kreesch a spréngt aus dem Stull, pucht d'Handduch op de Buedem, rennt voller Roserei op d'Dier lass. Déi eng Säit vu sengem Gesiicht wor nach voll Bartseef, op deem anere Bak gesouch een d'Blutt eroflafen. De Mann, fochswëll, huet sech an der Dier ëmgedréit, mam Fanger op den erstaunten Ditz gewisen a gejaut: „You, you are not a barber, you are a butcher.“ En huet e puer Mol geflucht wéi en Tierk, d'Dier geklaakt a sech ouni ze bezuelen duerch d'Bascht gemaach. E Metzler, onse gudden Ditz? Dee sprengt op, rennt bis bei d'Dier, an, mat sengem „Bistouri“am Grapp, huet hien dem Mann am Clausener-American-Jargon nach seng Meenung nogeruff. Et muss ee sech virstellen, wat dat deemools e Furri a Clausen wor.

Leit wéi den Ditz hunn zum Folklore an de Fauboure gehéiert. Hir Geschicht sollt net mat der Zäit verklénken. De Fritz Weimerskirch huet a sengem flotte Gedicht „Fir d'Frecke net“ an enger Stroph dem Ditz dëst Monument gesat:

Mäi Frënd Burmesch Francis ass iwwrall bekannt,
hie gëtt vun ons aner den Ditz blous genannt,
am Iessen an Drénke maacht dir deem keng vir,
aparti am Schnësse kennt keen him zevir,
doheem ower jäitzen, ech man iech eng Wett,
do dierf hien net piipsen, fir d'Frecke net.

F.T.

Helleg Owend a Clausen

E Stëmmungsbild

Et ass mengem Gefill no derwäert, dëst Stëmmungsbild aus vergaangenen Zäiten ze dokumentéieren.

Et sinn en etlech Clausener Musikanten, déi sech selwer vun 1918 un den Opdrag goufen, op „Helleg Owend", an zwar ponkt Mëtternuecht, nom Klackegelauds, Chrëschtlidder ze spillen. Et ass dem Jempi Merens (sous-chef vun 1926 un) säi Mérite, den Initiator vun dëser nostalgescher Aktivitéit ze sinn. Am Ufank gouf vun der „Redoute" bei der Strockekapell (fréier Café Bisdorf) um Kéibierg gespillt, an traditiounsgeméiss woren et ëmmer „Minuit Chrétien" a „Stille Nacht". Et woren de Jempi Merens, de Pir Goetzinger, den Albert Brandenburger, de Georges Haag, a nach vläicht aner Musikanten, déi sech ofgeléist hunn a bis ufanks de 70er Joren dëst Stëmmungsbild garantéiert hunn.

Well vun der „Redoute", dëser méi héijer Plaz de Schall duerch deen ëmmer méi grousse Verkéier iwwertrompt gouf, ass spéider op der zentral geleeëner aler Clausener Bréck an am Déieregaart gespillt ginn. Da souzen d'Clausener Leit bei opener Fënster an hiren Haiser an an de Wiirtschaften ze lauschteren, ganz geréiert an ergraff, keen huet sech gemuckst, bei deem engen oder anere sinn e puer Tréinen d'Baken erofgelaf.

D'Musikanten hunn dës Aktivitéit ëmmer ganz iescht geholl an hu net gefeelt. Ee vun hinnen, de Frënd Albert Brandenburger, dee schon am Alter vun 12 Jor matgespillt huet, wor an der

De Jempi Merens an den Albert Brandenburger

Chrëschtnuecht eng Kéier engagéiert, zu Diddeleng-Italien op engem Bal am Orchester matzemaachen. De Buet vun der Musek, de Letté's Jäng, ass hien extra dohi siche gefuer, an nodeems hien a Clausen seng Missioun erfëllt hat, gouf en erëm gläich zréck op Diddeleng gefouert. Clausen hat Prioritéit! Haut, mam Verkéier, sinn dës Traditioune verfall. Schued.

De Jempi Merens huet am Jor 1962 fir d'lescht zu dëser Feststëmmung bäigedron. Et wor fir déi 45. Kéier. E schéint a seelent Jubiläum.

Tempi passati.

F. T.

Cette page a été offerte par Bureau Moderne – Mobilier et aménagement professionnel

Fligerbommen am Déiregaart

Lëtzebuerg fir déi 20. Kéier ugegraff

13 Bomme falen an de Faubourg Clausen
Resultat: Zéng Doudeger, eelef Verwonnter

Dat sinn d'Zeitungsiwwerschréften, déi den Ugréff vun zwou englesche Fligerformatioune beschreiwen, déi den 8. Juli 1918, muerges géingt 9 Auer, ier d'Sirenen ageschalt konnte ginn an d'Leit sech a Sécherheet brénge konnten, hir Bommen ofgeworf haten. Eng dovun hat am Déieregaart, virun der Wiirtschaft Kill-Beffort, ageschlon an do enorme Schued ugeriicht. Eleng do wore siwen Doudeger ze beklon.

An der direkter Noperschaft hate nach véier Bommen ageschlon, déi e puer Verletzter bruecht hunn. Op Aalmënster ass och eng Bomm gefall, duerch déi eng Persoun hiert Liewe gelooss huet, an zwou Bommen haten op der Rumm ageschlon. Als Konsequenz nach e weideren Doudegen.

D'Nimm vun deene Verstuerwenen, déi duerch Bommesplitter ëmkomm woren:

1. **Franz SAX**, 41 Jor, Bréifdréier, Clausen
2. D'Madame **Frieda KOCH**, 28 Jor, Fra vum Johann Ditsch, Metzler, Clausen;
3. D'Madame **Joséphine BEFFORT**, 49 Jor, Fra vum Theodor Kill (d'ganzt Gesiicht erausgerass), Clausen;
4. **Johann FERRING-SCHOLTES**, Giertner, Lëtzebuerg-Gare;
5. D'Madame **Katharina MARSON**, 65 Jor, Fra vum Henri Theisen (zwee Féiss ewechgerass);
6. **Johann-Baptist KILL**, 44 Jor, Fuermann beim Gaswierk (de Kapp zum Deel ofgetrennt);
7. D'Joffer **Julie THILL**, 18 Jor, d'Duechter vum Wilhelm Thill, Neiduerf (komplett zerquëtscht)
8. D'Madame **Maria Susanna SCHECK**, 74 Jor, Witfra vum Adalbert Stein;
9. Den Här **Karl SCHOLTES**, 70 Jor, vun der Rumm, dee schwéier un de Bee verletzt gi wor;
10. **Theodor SCHLÖDER**, 51 Jor, Arbechter, Clausen;

D'Nimm vun de Verletzte woren:

1. **Johann KÖRNER**, 37 Jor, Rollefax, Neiduerf;
2. D'Madame **Johanna SCHUMMER**, 39 Jor, Fra vum Jemming, Schrëftsetzer, Clausen;
3. D'Joffer **Anna SCHLÖDER**, 18 Jor, Duechter vum Th. Schlöder, Clausen;
4. D'Joffer **Léonie STAUDT**, 18 Jor, Duechter vum Theodor Staudt, Clausen;
5. **Theodor KILL**, 56 Jor, Pensionnär;

6. D'Madame **Magdalena RATH**, 32 Jor, Fra vum Hatto, Schmelzaarbechter;
7. **Nic. BELER**, 17 Jor, Jong vum Dominique Beler; Clausen;
8. **Gaston JANDER**, 12 Jor, Jong vum Edouard Jander, Clausen;
9. D'Madame **Anna MERTEN**, 41 Jor, Fra vum Edouard Jander, Clausen.

Eng schrecklech Katastroph am Déieregaart, déi mäi Papp mir verzielt huet. Hien hat se nämlech am Alter vun 10 Jor materlieft a konnt d'Situatioun vun deemools nach esou gutt beschreiwen, dass ons d'Schuddere kal de Réck erofgelaf sinn.

Eng aner Tatsaach, déi mech un dëse schlëmmen Akzident erënnert, ass déi, well mäi Grousspapp, de Laurent, genannt „Jewi" Théato, am Organisatiounscomité wor, deen sech gläich nom Bommenugrëff intensiv dofir agesat hat, dass e Monument als Erënnerung un d'Opfer sollt kënnen opgeriicht ginn.

Dat ueregt Evenement dokumentéiert sech am beschten duerch Artikelen aus der deemoleger Press:

Zum gestrigen Fliegerangriff

„Wieder haben Fliegerbomben gestern Morgen Tod und Verderben nach Luxemburg gebracht, wieder wurden am Kriege gänzlich Unbeteiligte getroffen!

Die Stimmung des Luxemburger Volkes grenzt nachgerade an Verzweiflung, tränenden Auges steht es vor den unglücklichen, in Fetzen zerrissenen Menschenopfern, vor den Gräueln der Verwüstung an Häusern und Eigentum. Wir haben unzählige Male protestiert, unsere Regierung und unsere Gesandten haben Luxemburgs absolut neutrale Haltung seit Beginn des Krieges dargelegt; jeder Fliegerangriff hat den Beweis erbracht, dass es vom militäri-

schen Standpunkt aus durchaus nutzlos ist. Und dennoch verzichten die Kriegführenden nicht auf eine Waffe, die, so weit sie Luxemburg gegenüber angewandt wird, nichts anderes als blindwütige Barbarei ist.

Was können wir tun! Unser Protest soll neuerdings an die Kriegführenden wie die Neutralen gehen, damit die Weltgeschichte ihn registriere. Uns soll man keinerlei Vorwurf in keiner Hinsicht machen dürfen. Um ihm die notwendige Feierlichkeit und Eindringlichkeit zu geben, soll er an den meist verantwortlichen Stellen durch eine Spezialgesandtschaft vorgebracht werden!

Den Geschädigten gegenüber mögen sich vorderhand Staat wie Gemeinden sehr freigebig – freigebiger als bisher – erweisen. Der Tod, der durch diese Familien gegangen, hat Weh und Leid genug verursacht: Die Not muss von ihren Schwellen verbannt bleiben. Darum sollen ihnen sofort reichlich die Gelder zur Verfügung gestellt werden, die sie notwendig brauchen zum Unterhalt der Angehörigen und zur Wiederherstellung aller Schäden.

Endlich müssen die Alarmierungsmittel besser als gestern funktionieren. Weder Sirenen noch Abwehrkanonen kündigten das drohende Unheil an. Woran lag's: Wir können nicht beurteilen, da uns die Grundlagen zum Urteil fehlen. Wir können nur den Wunsch ausdrücken, dass die Alarmierung der Bevölkerung rechtzeitig erfolge."

Fir ons besser an den Zäitgeescht vum Éischte Weltkrich eran ze versetzen, bliedere mer mat groussem Intressi am Batty Weber, onsem eminente Chronist, sengem „Abreißkalender" no. Keen anere wéi dësen onsen illustre Nationalerzieler kann ons méi en objektiveren Tableau vun der Situatioun iwwerliwweren. Duerfir wëll ech net ënnerloossen, säi Kommentär a senger räicher Ausdrocksweis zréckzebehalen:

„Wieder haben Unschuldige, Unbeteiligte unter den Krallen der Kriegsfurie nutzlos, zwecklos verbluten müssen.

Sollte denn nicht endlich aus dem tiefsten Gewissen der zivilisierten Menschheit brennende Scham mit einem Wutschrei,

 Cette page a été offerte par Banque et Caisse d'Epargne de L'Etat, Luxembourg

der über den Erdball ginge, gegen den stumpfsinnigen Missbrauch protestieren, den die Brutalität der Kriegführenden mit einer der stolzesten Errungenschaften menschlichen Geistes treibt!

Als zuerst das hohe Wort von der Eroberung der Lüfte fiel, spannte es alle Erwartungen in nie geahnte Weiten. Der Drang der Menschen, über Land und Meer sich immer rascher nah zu kommen, hatte wieder eine Schranke eingebrochen. Woher dieser Drang, wenn damit die Welt immer kleiner und nicht die Liebe, sondern der Hass dadurch größer wird?

Jetzt haben sie glücklich aus einem Werk des Fortschritts, wie sie es nennen, eine Waffe gemacht, die dem Tod und der Zerstörung dienen muss.

Aber es ist eine Waffe eigener Art. Eine Waffe, die mit erschreckender Regelmäßigkeit ihr Ziel verfehlt. Dass sie an der Front, wo sie dem Tod und der Verwüstung Recht auf alle und alles eingeräumt haben, blindlings dreinkrachen, ist ihre Sache. Aber wenn sie den Feind und seine Mittel aus den Reihen der Unbeteiligten, Unbewehrten herausholen wollen, dann müssten sie doch die Gewalt haben, dass sie wenigstens in einem gewissen Prozentsatz von Fällen das treffen, worauf sie zielen wollen. Soweit um unsere bitteren, blutigen Erfahrungen in unserm kleinen Kreis reichen, können wir sagen, dass sie noch jedesmal ihr Ziel verfehlt haben. Oder möchte einer behaupten, durch die Hunderte von Bombenabwürfen auf unsere Bahnen sei ein Feind getötet, ein feindlicher Zug auch nur fünf Minuten in seiner Fahrt aufgehalten worden! Dafür aber haben Hunderte unserer harmlosen Landsleute geblutet. Tausende sind in Trauer versetzt, für Hunderttausende ist friedliche Habe vernichtet.

Der Gebrauch einer Waffe, die so konsequent daneben trifft, gehört nicht mehr in eine menschenwürdige Kriegsführung, er ist nichts mehr und nichts weniger als ein groteskes Verbrechen. Und dies Verbrechen hat die groteske Folge, dass zu seiner Abwehr ebenso zwecklos Pulver verknallt und Stahlsplitter in den Raum

Cette page a été offerte par Brasserie de Luxembourg SA – MOUSEL-DIEKIRCH

verstreut werden, und in neunundneunzig Prozent der Fälle nicht die Flieger treffen, sondern wiederum einer friedlichen Bevölkerung den Schaden bringen.

Das Entsetzlichste aber, das die Kunst des Fliegens über die Menschheit gebracht hat, ist dies: Es hat die Möglichkeit geschaffen, den Krieg auf seine allerbarbarischste Urform zurückzuführen. Wir sind heute so weit, dass nicht mehr die Kombattanten allein unter sich sich totschlagen, unter dem Vorwand, den heimischen Herd nebst Frau und Kind daheim zu schützen, sondern unsere Zeit hat den unsterblichen Ruhm erworben, unschuldige Frauen und Kinder, wehrlose Greise und völlig unbeteiligte Neutrale unter dem Vorwand der Vergeltung niederzuknallen, wie eingekreistes Wild. Wer das zu Friedenszeiten im Kleinen tat, war ein erbärmlicher Feigling. Und heute rafft sich noch immer nicht das Gewissen der Kulturmenschheit dazu auf, den Kriegführenden mit einem gebieterischen Genug in den Arm zu fallen.

Wer bis heute an den Krieg als an eine geschichtliche Notwendigkeit geglaubt hat, wird jetzt einsehen, was es mit einer moralischen Einrichtung auf sich hat, die heute noch solche Auswüchse zeitigen kann."

Wéi wouer dës Wierder och haut nach sinn, dofir brauche mir ons nëmmen un déi rezent Fligerugréffer am fréiere Jugoslawien, Bosnien, Serbien, Kosovo asw. ze erënneren, an déi mat dem oh wéi vill méi sophistikéierte Waffenpotenzial vun haut ze vergläichen, a mat deem wéi sou dacks fatale Resultat nieft dem viséierten Zil, fir dat richteg ze begräifen.

An de Lokalnoriichte kënne mer zwee Deeg duerno dëst liesen, an d'Atmosphär spieren:

„11. Juli. Die Beerdigung der Opfer des letzten Fliegerangriffs nahm gestern Nachmittag einen würdevollen Verlauf. Vertreten waren bei den verschiedenen Leichenzügen der großherzogliche Hof, die Regierung, die Stadtverwaltung, der Stadtrat von Hollerich usw.

 Cette page a été offerte par Landesbank Rheinland-Pfalz International, Luxembourg

Einem Trauergottesdienst, der heute Morgen in der Clausener Pfarrkirche abgehalten wurde, wohnten II.KK.HH. die beiden Großherzoginnen und Prinzessin Charlotte mit Gefolge bei. Zur Unterstützung der bedürftigen Hinterbliebenen hat I.K.H. die Großherzogin dem Herrn Bürgermeister Housse eine bestimmte Summe überreichen lassen.

11. Juli. Die Beerdigung des Arbeiters Theodor Schlöder aus Clausen, des 10. Opfers des Fliegerangriffs vom letzten Montag, findet heute Nachmittag um fünf Uhr statt. Der Leichenzug geht von der Klinik Sankt Joseph am Fischmarkt nach dem Kirchhof von Fetschenhof."

Déi Doudeg wore nom Ugréff alleguer bis zum Läichendéngscht am Pafendaller Spidol (Hospice civil) opgebort ginn.

Eng weider interessant Notiz iwwer d'Thema vun de Fligerugréff, déi direkt näischt mat Clausen ze dinn huet, wëll ech trotzdem an dësem Kontext nach als Stëmmungsbild deelweis zitéieren, well se d'Angscht vun de Leit nach dee leschten Dag vum Krich ganz gutt illustréiert:

Der letzte Fliegeralarm

Es war am 10. November 1918. Alles in fiebernder Spannung. Heute muss es sich entscheiden, ob das Ende des furchtbarsten aller Kriege gekommen ist.

Nachmittags wurde die Schaulust des Publikums nochmals durch Sirenengeheul gestört. Um 2 Uhr 45, 3 Uhr 15 und 3 Uhr 55. Die Flakbatterien gaben einige müde Schüsse ab. Dann schwiegen sie. Die Mannschaften haben den Klöppel bei die Trommel gelegt. Doch was! Maschinengewehrgeknatter! Es entsteht eine Panik. Schreiende Menschen klettern über Gartengitter und verlangten Einlass in die Häuser. Was war es! Ein letzter Luftkampf oder Flieger, die im allgemeinen Wirrwarr sich ein Vergnügen draus machten, ihre letzten Patronen zu verknallen!

Am 10. November, punkt vier Uhr nachmittags Schlusszeichen des letzten Fliegerschutzalarms und für uns zugleich Schlusszeichen des vierzigmonatigen Krieges. Die Waffen waren gestreckt." (Aus „Die Fliegerangriffe auf Luxemburg von J.P.R. 1922")

E Monument

Mir hu schon uewen am Artikel zitéiert, dass sech kuerz Zäit nom Ugréff en Organisatiounscomité gegrënnt hat, deen sech d'Missioun gesat hat, zu Éiere vun deene Verstuerwenen a Verwonnten e Monument opriichten ze loossen.

Am Organisatiounscomité wore 14 Memberen. Esou wäit ech dat novollzéie konnt, woren et aacht Bierger aus Clausen a sechs Bierger aus dem Neiduerf. Et ass mer iewer mam beschte Wëllen a mat vill Nodrock a ville Recherchen net méi gelongen, all deene Leit hir Nimm erëmzefannen, besonnesch net deenejéinegen hir aus dem Neiduerf.

Vu Clausener Bierger woren et, an alphabetescher Reienfolleg, a wa meng Informatioune stëmmen, dës Leit:

Mathias Betz, J.P. Burmer, Jean-Pierre Daro, Anton Merens, Mathias Sax, Hermann Schmitz, Laurent Théato, Pierre Schmit, Edmond Wirion.

Alles kënneg Nimm, hir Zougehéiregkeet zu de Clausener Veräiner ass net a Fro ze stellen.

Hei en Artikel aus der Press, wéi dat Monument am Déiregaart ageweit gouf.

E memorablen Dag
„Die Enthüllung des Denkmals in Clausen"
3. August 1924.

„Gleich nach dem 8. Juli 1918, der für die Ortschaften Clausen und Neudorf ein wahrer Unglückstag wurde, traten mutige und opferwillige Bürger aus beiden Ortschaften zusammen, um das

De „Comité d'organisation du monument commémoratif"
Clausen-Neiduerf, den 3. August 1924.
ë.a. 1. Laurent Théato, 2. Mathias Betz,
3. Nikolaus Wirion, 4. J.P. Schmit,
5. Mathias Merens, 6. Hermann Schmitz,
7. Nikolaus Daro, 8. Theodor Burmer,
9. Jean-Baptiste Sax.

Andenken derjenigen, die unter den schrecklichsten Auswirkungen des Krieges unschuldig ihr Leben lassen mussten, zu erhalten und durch ein passendes Denkmal an der Unglücksstelle selbst zu errichten. Endlich ist es nun, dank dem unermüdlichen Eifer des Organisationskomitees, gelungen, die nötigen finanziellen Mittel zu diesem Werk zusammenzubringen.

